

sichen, ob een do aner Mesurë ka maachen.

An deem Zesummenhang hunn ech och gesot, et soll een driwwer nodenken, ob een déi Artikelen 43 a 44 vum PAN-Gesetz, wou lo de Stat Deelzäitaarbecht begleet, wann nei Leit agestallt ginn, net kéint ëmfunktionnéieren an deem Sënn, dass ee se kéint asetzen a Betriber, wou keng Leit agestallt ginn, mä wou da vläicht manner Leit mussen entlooss ginn. Déi Diskussioun hu mir mat de Sozialpartner lo schonn e puer Mol gefouert. Do kommen notament vu Säite vum Patronat eng Partie Bedenken, fir dat generell ze maachen. Ech soen och, wou déi Bedenken hierkommen. Den sinn zwou Zorte vu Bedenken. En éischt Bedenken ass, dass mir ëmmer mussen oppassen mat Aides de l'État, dat heescht alles, wou mir herno kéinte virgeworf kréien, och iwwer Sozialmoossnamen, mir géifen hei Betriber ënnerstëtzen. Dann hu mir direkt e Problem mat Bréssel. Dat ass emol eng Saach, déi mir muss maachen. Dat zweet Bedenken, dat komm ass, dat ass, dass d'Patronat gesot huet, et geet awer net drëm, dass Betriber, déi keng Chance méi hunn, do nach künstlech ënnerstëtzt ginn.

An dann ass eng drëtt Fro, dat ass eng technesch Fro. Wann ech den Artikel 43 a 44 huelen, also staatlech begleetend Aarbechtsszäitreduktioun am punktueller Fall vum Betrieb ënner Accord vu Sozialpartner ouni dass Leit agestallt ginn, muss een och kucken, wéi wäit do keen Double emploi zum Beispill mam Chômage partiel ass.

Déi Diskussiounen hu mir also. Ech resüméieren, mir haten do schonn e puer Réunionne vum leschte Joer un. Also dat huet virun der grousser Vakanz ugefaangen, ouni dass mir awer do bis elo zu engem Accord komm sinn. Mir hunn an deem leschte Comité permanent de l'emploi Folgendes decidéiert, d'Sozialpartner haten do de Wunsch, dass si ënner sech géifen zesummenkommen, ouni den Aarbechtsminister, fir ënner sech dat ze diskutéieren an dann dem Aarbechtsminister nach viru Chrëschttag e Bericht doriwwer ze maachen.

Dat fannt Dir iwwregens och am Plan d'action national pour l'emploi 2003 erëm, wou drasteet - dat fannt Dir Sait 11: „En guise de conclusion d'un groupe de réflexion tripartite présidé par le Ministre du Travail et de l'Emploi, les partenaires sociaux auront avant la fin de l'année 2003 des échanges bilatéraux en vue de mettre le dialogue social au service du maintien à l'emploi, notamment par une meilleure utilisation des instruments législatifs, réglementaires et conventionnels qui sont à leur disposition pour faire face aux évolutions économiques et notamment aux restructurations d'entreprises qui en découlent.“

Et ass evident, dass wann do en Accord ass, mir och bereet sinn, sou séier wéi méiglech eis gesetzlech Bestëmmungen do unzepassen. Et muss een awer op alle Fall wëssen, dass, wann ee vun de Sozialpartner net matspillt, fir op esou Weeër ze goen, och wa mir d'gesetzlech Basis ëmgebootscht hätten, et da schwiereg ass op dee Wee ze goen. Et bleift dobäi, dass mir also éischtens déi doten Iddien ënnert de Sozialpartner diskutéiere loosse. Zweetens, wat elo de konkrete Fall vu Villeroy et Boch ugeet, ass et selbstverständlech esou, dass mir eis do en retrait halen - also prett halen, net en retrait, mä prett halen, fir do dat ze begleeten, wou mir kënnen am beschte begleeten, fir sou vill wéi méiglech Entloossungen ze verhënneren, ëmsou méi wou ebe ganz vill Leit beträff sinn, déi net qualifizéiert sinn, an déi vill méi schwiereg dann och erëm vun eis kënne replacéiert ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir fueren elo weider mat den Debatten iwwert de Statshaushalt vum Joer 2004. Déi nei Riednerlescht gëtt verdeelt. Als éischten Orateur ass fir haut de Moien agedroen den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

2. 5200 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004 (suite)

Discussion générale (suite)

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President. Dëse Budget wär en Iwwergangsbudget, hu mir héiere vum Budgetsrapporteur. An en huet och gesot, mir stéinge kuerz virum Opbroch an eng nei Ära. Dobäi sti mir, an dat weess jiddfereen, wann en éierlech mat sech selwer ass, virun enger mëtteler Katastroph, wat d'Statsfinanzen ugeet, mat alle Konsequenze fir déi zukünfteg wirtschaftlech a sozial Entwécklung am Land.

(Interruption)

Ech wëll soe mat alle méigleche Konsequenzen.

Dës Regierung huet virun zwee Joer - an ech mengen do läit de Problem haaptsächlech - eng historesch Steuerreform lancéiert. Déi gréissten Oppositionspartei am Land huet och fir déi Steuerreform gestëmmt. Den ADR war och prinzipiell d'accord domat.

(Interruption et hilarité)

Den ADR wollt am Fong geholl nach méi wäit goen, wann ech richtig verstane hunn, wat en deemools gesot huet. Den Här Henckes huet deemools dovou geschwat, ech zitieren en och nach.

Déi Steuerreform, Dir Dammen an Dir Hären, ass zu engem Zäitpunkt komm, wou d'ekonomesch Kris schonn erkannt gi war. Et ass gemengt ginn, duerch Steuererleichterungen géife virun allem d'Betriber incitéiert ginn, fir méi ze investéieren. An ënnert dem Stréch géifen da méi Steieren erakommen amplaz manner Steieren, obschonn de Steiersaz méi niddreg ginn ass.

Dat war déi classesch néoliberal Thees, an den Här Henckes vum ADR huet déi Majoritär Opfaassung, déi deemools an dësem Haus geherrscht huet, folgendermoossen op de Punkt bruecht - ech wëll en zitieren: „Dat bedeit also, dass déi Theorie vum Déchet fiscal falsch ass.“, sot den Här Henckes deemools, „Richtig ass et, wann een op déi Theorie verweist, déi dee ganz bekannten Ekonomist Arthur Laffer an enger Courbe illustréiert huet, dat ass, datt ee gesäit, dass, wann een d'Steiere reduzéiert, deen Ablack méi investéiert gëtt, méi geschafft gëtt, an doduerch schlussendlech méi Steuerakommes erakënn.“

(Interruption)

Et ass logesch, seet den Här Jaerling. Haut wësse mir, de Contraire ass geschitt. Wat liese mir am Budgetsbericht? „...de nombreux emplois perdus, moins d'emplois créés.“ Stéchiwierder dobäi sinn d'Erhéijung vum Chômage op 5% an 10.000 Leit, d'Betriebsschließung bei Villeroy et Boch, op der Bankeplaz an esou weider.

Firwat ass de Contraire agetraff vun deem, wat bal déi ganz politesch Klass zu Lëtzebuerg deemools gemengt huet?

Et hätt een och deemools nëmme bräichten nozekucken beim Alain Steichen, a sengem Buch iwwert den Droit Fiscal, Edition 1996, Les cours du Centre Universitaire de Luxembourg, firwat dat esou war. Hie schreift op der Sait 137: „Il est certain que la relance de l'économie par la voie d'une augmentation délibérée des dépenses publiques est supérieure à celle qui résulte d'une diminution des impôts.“ A

wat d'Steiersenkungen ugeet: „Une partie du revenu disponible supplémentaire sera consacrée à l'épargne, et non à la consommation.“

Wat d'staatlech Investitiounen ugeet, seet hien: „Si l'État choisit ses projets avec soin, il saura canaliser la plus grande part de l'impact de la dépense supplémentaire dans l'industrie“ - zum Beispill bei Villeroy et Boch - „ou la région en récession. Une réduction de l'impôt, par contre, du fait de son caractère uniforme, aura un impact beaucoup plus global, ne fût-ce que parce qu'une partie de la consommation sera consacrée à l'achat de biens d'importation, et non pas de produits nationaux.“

An e schreift zum Schluss - ech wëll et nach eng Kéier betounen, am Joer 1996: „Pour toutes ces raisons, la relance par l'impôt direct ne se trouve guère pratiquée au Luxembourg.“ - Eng remarquabel Remarque, wann een dat Enn vum Joer 2003 noliest an zréckkuckt op déi Erfahrung vum deene leschten dräi Joren.

Ech wëll dofir meng Interventioun hei haut an dräi Deeler opdeelen. Éischtens d'Steierreform vum 2002 war falsch, op d'mannst an deem Ausmooss an an déi Richtung wéi se geschitt ass. Zweetens, de Contrecoup vun der ondifférenciierter Steuerreform steet eis nach bevir. An drëttens, d'ekonomesch Situatioun wäert sech esou laang net änneren, wéi net an Europa eng aner Politik gemaach gëtt.

Éischtens also d'Steierreform vum 2002. Dës Steuerreform war e kompletten an definitive Broch mat der Lëtzebuerger Steierlandschaft, wéi se historesch entstan war, an déi op relativ héije Steieren op de Benefisser vun de Betriber, op enger staark progressiver Akommessteuer an op direkte Steieren, déi méi héich Einnahmen an de Budget era bruecht hu wéi déi sozial ongerecht Indirektsteieren, berout huet.

Mir haten also zu Lëtzebuerg, historesch gesinn, relativ gerecht Steieren, déi e staark ëmverdeelende Charakter haten. Vun de Benefisser an den héijen Akommesen ass en Deel geholl ginn, fir um Niveau vum Stat an och vun de Gemenen déi néideg Infrastrukturausgaben ze finanzéieren, déi de Leit gratis oder bëleg zur Verfügung gestallt gi sinn; vu käschtendeckenden Taxen ass deemools keng Ried gewiescht.

Zënter enger Partie Joren - an och scho prononcéiert ënnert der Regierung vu virdrun, dofir och dee breeden Accord fir déi Steuerreform hei - erliewe mer awer eng Entwécklung, déi an déi entgéintgesate Richtung geet.

Den Taux vum der Kierperschaftssteuer ass tëschent 1987 an 1998 progressiv vu 40 op 30% erof gesat ginn. En ass 2002 brutal op 22% gesenkt ginn an domadder deen niddregsten an Europa ausser Irland. 2002 si fir d'Betriber och nach aner Erleichterungen komm, wat zum Beispill zu engem drastesche Réckgang vun der Abonnementssteuer gefouert huet.

An obschonn haut de Budget, weinst där Entwécklung, hannen a vir net opgeet, gëtt déi Abonnementssteuer an engem Budgets-amendement fir gewëssen Investitionsfongen d'nächst Woch op 0% gesenkt, op Antrag iwwregens vun der LSAP-Fraktioun. De Steierausfall, deen dat bréngt, deen ass menges Wëssens no bis haut nach net richtig chiffriert ginn. Ech hat och déi Fro an enger Froestonn un de Minister gestallt, ech hu keng richtig Äntwert dorobber kritt an ech fäerte bei deem Steierausfall, deen doraus entsteet, do ass bis haut nach relativ Onkloerheet.

D'Gewerbesteier vun de Gemenen ass während deene leschte Jorzéngte regelrecht zerschloe ginn a sech hières Liewens haut nach net ganz sécher. D'Cotisatione vun de Betriber an d'Sozialversicherung sinn déi niddregst wäit a breet. D'Sécurité sociale ass héichgradesch fiskaliséiert - dat huet iwwregens och den Här Krecké a senger Interventioun gëschter Mëtteg hei gesot.

Déi indirekt onsozial Steieren an Taxen, d'Gemengentaxe virun allem, hunn u Gewicht gewonnen, de Fonds de l'emploi gëtt net méi finanzéiert vun der Cotisation spéciale, déi vun de Betriber dra bezuelt gëtt, wéi dat awer am Ufank virgesi war. Déi Cotisation ass op 0% virun enger Partie Joren erof gesat ginn. An haut ginn déi zousätzlech Ausgabe vum Fonds pour l'emploi finanzéiert duerch eng Erhéijung vun den Accisen um Benzin, dat heescht och duerch indirekt Taxen, déi eng onsozial Auswirkung hunn.

Mir sinn also an enger Logik dra vu sozialem a steierlechtem Dumping, mam Zil de Standuert Lëtzebuerg fir Betriber méiglechst interessant ze maachen, par rapport zu eise direkten Umfeld. Dat féiert awer dozou, dass de Stat vun engem gewësse Moment un d'Initiativ verléiert an Entwécklung just nach vun der Economie opgedrängt kritt. „La structure économique épouse le pays autant, sinon plus que le pays ne la conçoit“, seet de Wirtschafts- a Sozialrot a sengem Avis zu de groussen europäesche Politiken e bësse poetesch. Dat heescht awer ganz banal an einfach op lëtzebuergesch iwwersat, mir si méi vun der Economie dominiert, wéi dass mer selwer en Afloss op d'Economie hätten.

A wa gesot gëtt, a Bezuch op d'Kierperschaftssteuer, besser mer senke se, wéi dass d'Betriber eis fortlafen, oder besser mir hunn 22% vun eppes, wéi 30% vun näischt - dat waren déi brilliant Argumenter, déi hei gebraucht gi si wéi mer d'Steiere fir d'Betriber fir d'Joer 2002 gesenkt hunn -, wann dat d'Argumentatioun ass, wann dat d'Situatioun ass wou Lëtzebuerg, a senger Wirtschafts- a Steierpolitik, hikomm ass, da soe mir als Lénk, do stëmmt awer eppes net, a mir mengen, dass déi eigentlech Froe fir all zukünfteg Politik an Zukunft dofir misste sinn: Wéi gewanne mer eisen Handlungsspillraum als national Gemeinschaft, wa mer déi dann nach wëlle sinn, an Zukunft erëm? A kënne mer dee Spillraum iwwerhaapt erëm gewannen an engem reng nationale Kader? Musse mer net a gréissere groussregionale Kategorien denken, awer net nëmmen an der Theorie, mä och an der Praxis? Mä dann därefer mer net weiderhi versiche d'Korinthen aus dem Kuch wëllen ze picken.

D'Chambre des employés privés weist op der Sait 47 vun hirem Avis an engem Graphique vum Stater, wéi de PIB zu Lëtzebuerg zënter 1978 d'Moyenne vun de PIBe vun eisen dräi Nopeschlänner - Frankräich, Däitschland an d'Belsch - regelrecht iwwerflunn huet. Dat ass natierlech den Afloss - wéi mer alleguerte wëssen - vun der Bankeplaz oder, wéi d'Ekonomiste vum Stater sech géifen ausdrécken, den importéierte Wuesstum. Fir et plastesch ze soen - och wann dat heiansdo net gären hei gehéiert gëtt -, d'Suen, déi op der Bankeplaz verwalt ginn, kommen aus dem Ausland, déi sinn an hirer grousser Majoritéit net zu Lëtzebuerg erschaaft ginn.

Et ass iwwregens e grouse Verdéngscht vum Budgetsrapporteur, a sengem Rapport dorop higewisen ze hunn. An et ass och esou, dass d'Halschent vun den Employéë vun der Bankeplaz, déi eis jo bis elo déi grouss Einnahme verschafft huet, Frontaliere sinn. Frontaliere wou Lëtzebuerg net brauch d'Käschten ze iwwerhuele vun hirer Ausbildung - wa se heihinner schaffe kommen, dann ass déi

Ausbildung schonn an hire Länner op d'Käschte vun deene Länner geschitt - an och net d'Ausbildung vun de Crèchen a Schoule fir hir Kanner. Ech liesen iwwregens...

M. John Schummer (DP).- Wësst Der net wat fir en Effort vun der ganzer Bankeplaz gemaach gëtt weinst der Formation continue an de Banke selwer? Wësst Der net wéi grouss dass déi Servicer an deene Banke sinn?

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech féieren elo hei net eng Diskussioun iwwert d'Formation continue an de Banken.

M. John Schummer (DP).- Neen, neen, neen, just d'Formation bancaire en général.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech wëll just noweisen, dass de Räichtum vu Lëtzebuerg zu engem Deel awer och dorobber berout, dass heihinner Leit schaffe kommen, déi fäerdeg ausgebild sinn, dass dat net op Käschte vu Lëtzebuerg gaangen ass, mä vun deene Länner aus deene se kommen, an dass vläicht doduerch de PIB bei eis vill méi héich läit wéi an anere Länner.

Och zum Beispill de Chômage - dat ass jo en aktuell Beispill - vun deene Leit, wa se aarbechtslos ginn, gëtt eréischt deelweis an e puer Joer vu Lëtzebuerg iwwerholl, respektiv d'Chômagekäschten. An dofir fannen ech, dass et e bessen ongenéiert ass, wann d'Regierungen - iwwregens net nëmmen déi heite Regierung - sech de Verdéngscht vun héije Wuesstumsraten an der Vergaangenheet an de Verdéngscht vun Uleeë vun héije Budgetsreserve ganz eleng sech selwer zouschreiwen, hirem grouse finanzpolitesche Wäitbléck an hirer Spuersamkeet, wa jo awer op d'mannst en Deel dovunner zréck ze féieren ass op en Afloss dee vu bausse kënnt, op eng Finanzéierung déi vu bausse kënnt, a wou Lëtzebuerg dovou profitéiert, dass et ebe just gewëssemooßen eng Insel ass wou nëmmen hei en héije Wuesstum besteet, wou awer an där ganzer Géigend ronderëm, déi vun där Economie jo awer ofhängeg ass an déi mat där Economie zesummenhänkt, Käschte vun den Infrastrukturen a vun der allgemenger Wirtschaftspolitik net brauche gedroen ze ginn.

An ech mengen do stëmmt eppes net, wa mer eis nach ëmmer virmaache wëllen, wéi wann dat net e Problem wär. Mir ginn haut mam Problem konfrontéiert, dat ass evident an dat gesi mer och zum Beispill andauernd hei, wa mer iwwert de Chômage vun de Frontalieren diskutéieren.

Ech fueren da weider mat de Steieren. Mir ginn elo gewuer, dass de Problem vun de feelende Steiereinnahmen aus der Bankeplaz scho méi laang zréck läit an net nëmmen zréck ze féieren ass op d'Platze vun der Bourseblos oder vun der Finanzblos, vun der bulle financière, oder de Réckgang vun der Finanzplaz. Neen. Mir liesen haut zu eise Erstaunen - vläicht net vun Ärem mä vu mengem op jidde Fall -, dass d'Avancé vun der Kierperschaftssteuer, déi vun de Banke bezuelt ginn, schonn zënter 1998 permanent zréck ginn, wéi d'Cour des Comptes op der Sait 44 vun hirem Avis dat dévoiléiert.

An ech froe mech, ob dat net schonn deemools eng Steuererleichterung ënnert der Théik war, déi de Banken accordéiert gi war, éier dass se officialiséiert ginn ass, duerch déi Steuerreform vum 2002. An dat erkläert och vläicht, firwat dass déi héich Steierréckstänn, déi doraus entstan sinn, am leschte Joer en catastrophe hu missen agedriwwen ginn, wéi dat ganz Ausmooss vun der budgetärer Steierkatastroph eréischt richtig erkannt ginn ass, an nëmmen esou war et jo méiglech - dat wësse mer

alleguerten, dat ass och hei gesot ginn -, dass de Budget bis zu de Wahlen eenegermoossen am Equilibre konnt gehale ginn.

Ausserdeem muss ee soen zu de Steieren, dass d'Steieropkommes vun de Betriber zimlech ongläichméisseg verdeelt an ontransparent ass. Wéi vill déi eenzel Secteuren zum Beispill bezuelen, wësse mer net, dat gi mer net gewuer. Wann een esou Froe stellt a Kommissiounssätzungen, kritt ee keng Äntwert dorobber. Et ass eben de Verdéngscht vun der Cour des Comptes, dass se eis dëst Joer emol fir d'éischt weinstens eng summaresch Opdeelung vun deem Akommes vun der Kierperschaftssteier, déi aus der Industrie an aus dem Handel kënn, presentéiert huet, wou natierlech draus ervirgeet, dass de gréissten Deel vun de Banken a vun den Assurancé bezuelt gëtt.

Et gëtt am Budgetsbericht vum Här Halsdorf och - an ech fannen och zu Recht - dovun geschwat, fir déi Kleng- a Mëttelentreprisé méi ze fördern. Mä wann ee vu wirtschaftlecher Förderung schwätzt, da kann et jo awer net grad esou sinn, dass déi Leit, déi opgefuerdert gi Benefisser ze maachen, vun all Steuerlaascht befreit ginn. An ech stellen hei d'Fro: Ass d'Kierperschaftssteier an ass d'Gewerbesteier no all deene Kierzungen an Exonératiounen, déi dru virgeholl gi sinn, iwwerhaupt nach eng breet Gewinnsteuer fir d'Betriber hei am Land?

(Interruption)

Ech proposéieren de Moment guer näischt, ech kommen nach zum Schluss vu menger Interventioun, Här Clement...

(Interruption)

Ech kommen nach zum Schluss vu menger Interventioun op d'Géigepropositionen zréck. Da wäert Der gesinn, wat ech proposéieren. Ech proposéieren hei zu dësem Punkt vu menger Ried näischt, mä ech maachen eng Kritik. Ech maachen eng Kritik un där Politik déi hei bedriwwen gëtt vun deene Leit, déi d'Méiglechkeet hunn eppes aneschtens ze proposéieren wat méi nützlich wär fir eist Land an, menger Meenung no, déi Geleeenheet net notzen an emol d'Land net opklären iwwert all Hannergrënn vun der Steuerpolitik, déi eis net soe wou d'Steiere wierklech hierkomme vun de Betriber, wat fir Betriber exonériert si vu Steieren, guer keng Steiere bezuelen an awer riseg Benefisser hei afueren.

Et wär emol élémentaire, dass d'Regierung eis géif fir d'éischt soe wéi déi Situatioun ass, an dofir mengen ech och, dass misst eng Etüd iwwert déi Froen emol fir d'alleréisch gemach ginn, wou mer Opschloss doriwwer kréien a wou och geséichert ass, dass, wann et zum wirtschaftlechen Opschwonk an Zukunft sollt kommen, och vun de Retombéeen dovunner d'Allgemengheet ka profitéieren iwwert de Wee vu Steieren. Ech hu wierklech den Androck, dass de Moment déi Steieren, déi op de Betriber erhuewe ginn, keng breet Gewinnsteuer méi sinn, dass do net dat erakënt an d'Statskeess, an de Secteur public, an d'Gemengen och, wat misst eigentlech erakommen. An da freet ee sech, wou iwwerhaupt an Zukunft de Spillraum ass fir eng differenziert Steuerpolitik, déi och zum Beispill sozial oder ekologesch Akzenter wéilt setzen, bei där Praxis vu Besteuerung déi mir hunn a bei deenen Niddregststeiersätz, déi niddregst an Europa, déi mir hei hunn.

Da kommen ech och nach eng Kéier kuerz ze schwätzen op déi allgemeng Akommessteuer. Och d'Erofsatz nämlech vum Spëtze-steiersatz fir déi räich Leit bei der allgemenger Akommessteuer hu mer hei e puermol kritiséiert. Mir mengen, dass grad déi héchste Revenuen der Steuerprogressivitéit hei sollen entzu ginn, ouni dass dat Geld, wat doduerch libéréiert gëtt,

forcément an de Konsum hei am Land fléisst. Dat seet iwwregens och den Här Alain Steichen an deem Zitat a sengem Traité iwwert den Droit fiscal, wou ech lech vir-drin draus zitéiert hunn.

D'Steierprogressivitéit wat, menger Meenung no, en Acquis ass vun eise fortschrëttleche Steiersystem esou wéi mer e kann hunn nom Krich, do wou et dem Land och besser gaangen ass wéi haut, d'Steierprogressivitéit trëfft haut just nach déi Mëttelakommesen. Just si bezuele reell nach hei am Land Steieren. Déi héich Akommesse bezuelen esou eng Abschlagssteuer vun 38%, an de Rescht, do këmmert kee Mënsch sech drëm, wat se dann nach verdéngen. Déi kleng Akommesse sinn zwar vun der Steuer befreit ginn, profitéieren dann natierlech awer och net vun de Steuerabattementer, a si kënnen hir Ausgabe fir Liewensversécherungen, Prëten an esou weider net ofsetze wéi aner Leit, déi Steiere bezuelen, mä musse se integral selwer aus der Täsche bezuelen.

Grad wéi se och mussen déi héich an ongerecht Gemengentaxen zum käschtedeckenden Tarif an Zukunft bezuelen, fir déi et jo och heibannen, dat hu mer bei der Debatte ëm d'Kompetenz vun de Gemenge gesinn, schéngt e partei-niwwergräifende Konsens ze ginn, ausser bei déi Lénk, dass esou e käschtedeckende Prinzip fir indirekt Taxe soll agefouert ginn. An domadder, amplaz dass mer fräien Zougank garantéieren weiderhin zu den Déngschtleschtungen vun all de Bierger, mussen da wahrscheinlech verschidde Leit an Zukunft fir déi méi héich Präisser vum Waasser, vum Elektreschen a vun aneren Taxen an de Gemenge bei den Aarmebüro goen, fir deen Ausgleich da sichen ze goen, an dat Ganzt nennt sech da wahrscheinlech och nach progressiv Sozialpolitik.

Also sinn ech der Meenung, dass Lëtzebuerg méi ongerecht ginn ass duerch déi Steuer- an Taxepolitik vun deene leschte Joren a Jorzéngten, wéi se an engem breede Konsens beschloss ginn ass, heiansdo mat Ausnahmen - déi Gréng hunn d'Steierreform zum Beispill net gestëmmt aus ähnlechen Argumenter, wéi ech se och hei virgedroen hunn. Mä an anere Froen, wéi zum Beispill der Taxepolitik, gëtt et nach méi e breede Konsens fir Lëtzebuerg, mengen ech, duerch esou eng Politik vu Betounung vun den indirekte Steieren an Taxe vill méi sozial ongerecht ze maachen. Déi Steiersenkungen, déi mer vun 2002 u fir d'Betriber agefouert hunn, schränken och den Aktiounsradius vum Stat a vun de Gemengen enorm an a maachen et schweier, an Zukunft nach eng Emverdeelungspolitik hei an dësem Land ze maachen.

Den zweete Punkt vu menger Interventioun betrëfft de Contrecoup vun der ondifferenziierter Steuerpolitik, deen eis nach bevirsteet. An Däitschland nenne se dat ganz fein an nobel: Géigefinanzierung. Fir dass d'Leit et net solle verstoen, wahrscheinlech. An anere Wieder heescht dat awer, dass, wa manner vun de Betriber, déi Gewënner maachen, a vun deene Leit mat den décke Portmonnien an d'Statskeess erakënt, da muss bei den Ausgabe gespuert ginn oder et mussen aner indirekt Einnahmen erakommen. Ech wëll net a Katastrophismus verfallen; et ass mer duerchaus och bewusst, dass et zu Lëtzebuerg nach e sozialen Tissue a wirksam Emverdeelungsmechanismen, wéi déi vum Kannergeld zum Beispill, ginn, obschonn een och do net deenen hir Wirksamkeit soll iwwerdreiwen. An ech mengen och, mat esou Duerchschnëttsakommungsvergläicher, wéi de Finanzminister se hei a senger Budgetried gemach huet, wësse vill Famillje mam Mindestloun oder mat kleng Léin, oder och esouguer esouer mat mëttlere Léin, näischt unzufänken, wa se zum Beispill eng Wunneng sichen.

Den Opbroch an déi nei Ära risquéiert virun allem no de Wahlen fir e béist Erwächen ze suergen, an zwar genau fir déi Leit, déi am ofhängegste si vum Sozialstat, wéi mer e bis elo kann hunn. Et ass och net fir näischt, dass de Budgetsbericht, an dass och dee soss esou op Metapher beduechtene Finanzminister déi Zukunft eis net hei ausmole wëllen. E moolt se indirekt aus andeem en d'Situatioun an anere Länner drastesch un d'Mauer moolt an ëmgekéiert de Leit verspricht, dass hinnen déi Situatioun erspuert bleift, wa se sech ënnert de schwaarze Präbbeli stellen.

Mä genau un déi Situatioun, wéi mer se elo kennen an anere Länner, risquéiert awer, weinstens an der Tendenz, d'Emwandlung vum Steueremfeld, déi hei am groussen Konsens 2002 duerchgezu ginn ass, forcément erunzeféieren. A wat da kënn, dat kann een noliessen am Fuerderungskatalog vun der Chambre de Commerce, zum Beispill wat den Index ugeet. Ech hunn iwwregens och gelies mat e bësse Befrieden, dass de Wirtschafts- a Sozialrot den Index och wëll reforméieren, an ech mengen och, dass d'LSAP als gréissten Oppositionspartei heibannen eis muss soen, wéi se et an Zukunft maache wëll fir méi eng sozial Politik duerchzeféieren, wa se soen, wa se schreiwe grouss am „Tageblatt“, et misst an Zukunft méi a Leit wéi a Steng investéiert ginn. Da musse se eis och soe wéi se dat finanzéieren wëllen, nodeems se matgeholle hunn, d'Steieren ofzebauen.

Dat bësse wat mer bis elo vu Regierungssäit héieren hunn un Zukunftsabsichten deit awer schonn eng Richtung un, déi näischt Guddes verspricht. De Budgetsrapporteur beschäftegt sech zimlech intensiv mat de Mëssbräich bei de Krankmeldungen, déi oft an heemlech, wéi hie seet, wann een him gleewe kann, géife bedriwwen ginn. Hie mengt och et géif zu Lëtzebuerg ze vill kräfteg a Richtung Invalidenter higeschafft ginn. Hie wëllt net an alle Fäll déi konkret Aarbechtskonditiounen als Erklärung fir déi grouss Morbiditéit gëlle loossen, wéi et am schréfftleche Bericht heescht. Ech war eigentlech schonn erféiert. Ech hu mech gefrot: Gëtt et eng grouss Stierflechkeet op der Aarbecht? Ech hat vergess, dass eise Rapporteur e Medeziner ass, a Morbiditéit heescht do net Stierflechkeet, wéi een et emol als latinistesche Deformierte kéint mengen, mä Krankhaftegkeet.

Ech menge grondsätzlech, dass de reelle Problem vun der Krankheet am Zesummenhang mat der Aarbecht hei am Land an och an dësem Bericht hei ënnerschat gëtt. E gëtt ze vill als Verwaltungsproblem ugesinn, als Problem vun der Kontroll. Ech schwätze vun der Kontroll vun deene Kranken, net vun der Kontroll vun der Situatioun an de Betriber, well ech mengen do bestinn d'Moyenen net, oder nach net. D'Aarbechtsdokteren hunn d'Mëttelen net, reell do anzegräifen, an d'Inspection du Travail et des Mines iwwregens och net, soss misst jo elo net reforméiert ginn.

Wann de Stat keng Protektioun ka bidden um Niveau vum Entstoe vun de Problemer an de Betriber, da fannen ech dass et einfach a bëlleeg ass, fir sech un deenen ze vergräifen, déi am Fong geholl d'Opfer dovunner sinn - och wann et natierlech do zu Abue ka kommen op enger individueller Basis. Et ass déi Aart a Weis wéi hei eng pauschal Stigmatisierung stattfënn op där enger Säit an op där anerer Säit vill méi grav Abüen an de Betriber, d'Aarbechtsbedingungen an de Betriber, déi sech drastesch verschlechtert hunn an der

leschter Zäit, pauschal verschwiege ginn.

Dat ass déi Duebelgleisegkeet, mat där hei gefuer gëtt, déi Hypokrisie, déi et hannernt deenen Ausserungen hei gëtt iwwert d'Abüen, wat d'Krankheet ugeet. Well hei steet net méi d'Fro am Mëttelpunkt: Wat maache mir fir d'medezinesch Versuerung ze verbessern? D'Fro ass hei net méi gestallt: Wat maache mir fir d'medezinesch Preventioun am Zesummenhang mat der Aarbecht ze verbessern? Neen! D'Situatioun ass: Et si keng Suen do an der Krankekeess an da muss jo bei de Kranke gespuert ginn. An ech hunn dofir iwwregens, dat muss ech och hei soen, grondsätzlech Problemer mat den Décisiounen vun der Tripartite, déi alleguerten an déiselwecht Richtung ginn, och wa se matgedroe gi vum Lieblingssozialist vun der Regierung, dem Här John Castegnaro.

(Interruptions diverses)

Dat weess ech net, Här Clement. Mä, op jidde Fall, et ass mol der Regierung hire Lieblingssozialist, well e gëtt hei méi dacks, muss ech feststellen, vun der Regierung zitéiert...

■ Une voix.- E widderpricht net.

■ M. Serge Urbany (déi Lénk).- ...wéi vun der LSAP.

■ Une voix.- En ass net hei.

■ M. Serge Urbany (déi Lénk).- En ass net hei, dat ass wouer.

(Interruptions)

Dobäi geet awer aus dem Bericht vun der Kommissioun kloer ervir, wat de Finanzierungsproblem bei de Krankekeessen ass, an zwar beim Aarbechterkrankengeld, do wou de Problem haaptsächlech besteet, wär en Taux de cotisation vu 5,63% noutwendeg, wou nëmme 4,7% applizéiert ginn. Dat ass prinzipiell d'Geschicht vun den niddrege Sozialbeitrэг zu Lëtzebuerg, déi hei esou niddreg si wéi soss néierens. Dee Finanzierungsdefizit gouf bis elo ausgeglaacht net nëmmen duerch eng staark Fiskalisierung, mä och duerch en héije Prozentsatz vu jonke Frontalieren. Mä an Zukunft stellt sech de Problem méi staark.

Ech si prinzipiell der Meenung, dass d'Finanzierung vun der Sécurité sociale muss haaptsächlech duerch Cotisatione geschéien, aus Grënn, op déi ech elo hei net agoe kann. Mä ech kéint mir awer och virstellen, dass den Defizit kéint gedeckt ginn, weinstens emol kuerzfristeg, duerch en Impôt de solidarité, dee géif op der Kierperschaftssteier erhuewe ginn, deen der Sécurité sociale géif affektéiert ginn. Dat wär nëmme gerecht, wann ee gesäit wéi déi Steuer erfogaangen ass, déi jo op de reelle Benefisser erhuewe gëtt, also nëmme vun deene Betriber bezuelt gëtt, déi och wierklech Benefisser maachen.

Da wëll ech nach ee Wuert soen zur neier Invalidérent. Mäi Verdacht, dass si niewent hirem onverkennbar sozialen Opfangcharakter och zum Zil huet, d'Zuel vun den Invalidérenten net ze vergréisseren, mä ze verklengeren, geet aus folgendem Saz ervir, deen ech fonnt hunn am fënnette Stabilitéitsprogramm vum November 2003 fir d'Bréisseler d'Kommissioun, a wou drasteet mat Bezuch op déi Moossmat, dat Gesetz iwwert déi nei Invalidérent: „Il est envisagé qu'à terme l'âge de la retraite effective augmentera en vertu de cette législation.“

Generell ass d'Gefor, mengen ech, dass de Stat bei all deene Mesures de mise au travail, oder de maintien au travail, vun deenen och de Finanzminister hei geschwat huet, sech an Zukunft extrem dirigistesche weist. En ass jo esou géint den Dirigismus, wann et drëm geet d'Ekonomie ze dirigéieren. Wann et

drëm geet Leit ze dirigéieren, do ass e ganz dirigiste, do ass e ganz pingeleg, do ass en och ganz repressiv heiansdo. D'Gefor bei der Mise au travail besteet do dran, datt déi Mise au travail leschten Enns dozou féiert, dass d'Leit net méi fräiwelleg schaffe ginn, mä dass se gezwonge schaffe ginn, dass dat generaliséiert gëtt - eng gewësse Form vun Zwangsarbeit, déi d'Leit net selwer gewielt hunn an net selwer bestëmmen kënnen.

An anere Wieder, fir Chômage-suen ze spueren, fir Sécurité-sociales-Suen ze spueren, well d'Patronen net méi Steieren an net méi Sozialbetrэг bezuele wëllen, stelle mir hinnen och nach bëlleeg Aarbechtskräften zur Verfügung, souzesoen fir dass se vun der Strooss sinn, wéi dat jo bei deene Jonke genannt gëtt. Mä dat gëllt dann och fir déi Al, déi mat de wéie Récker, déi weider da schaffe geschéckt ginn. Dat ass kee Schrëtt an eng egalitär an och net an eng selbstbestëmmte Gesellschaft, dat ass evident.

An et fält iwwregens och op, dass déi räich Leit an d'Betriber zur Fläissegkeet allgemeng ugehalenginn, andeem se allerhand finanziell Vergéngschtegunge kréien, während op där ënneschter Stuf vun der sozialer Leeder, zum Beispill beim Aarbechtslosegeld oder beim Krankengeld, Moderatioun gepriedegt gëtt, well anscheinend d'Geld do ëmgedrëint zu méi Lidregkeet féiert. Mir fördern de Räichtum, andeem mir hinnen nach Suen derbäi ginn, fir dass se méi aktiv ginn a méi schaffen, awer déi Leit, déi mat kleng Paie musseliewen, déi dierfen net ze vill Sue kréien, well soss gi se lidde-reg. Ass lech dee Widderproch nach ni opgefall? An ass et net esou, dass et grad deen do Widderproch ass, deen déi sozial Verhältnisser, wéi se hei bestinn, zimlech dältlech charakteriséiert?

Drëttens, d'ekonomesch Situatioun wäert sech esou laang net änneren, wéi net an Europa eng aner Politik gemaach gëtt. D'Regierung hofft wéi ëmmer op een Unzéie vum Wuesstem op der Welt an an Europa. Dass déi aktuell Kris weltwäit kéint eppes ze dinn hu mat der mangelnder Nofro, mat der eesäiteger Förderung vun de Betriber an deene bessergestaltene Leit, an dass grad d'Ursaache vun der Rezessioun kéinten an der neoliberaler Globalisierung leien, dovun lisen ech näischt an deenen eenzelnen Avisen - iwwregens och net an deene vun de Salariatskummenen.

Ech hat d'lescht Joer jo hei behaupt, dass Lëtzebuerg keen Opfer wär vum Finanzkapitalismus, mä en Täter als eng vun deenen éischten Investmentfongplazen a Virreider zum Beispill vun de Komplementarrenten an de Pensioufongen, déi eis Sécurité sociale laangfristeg futti maachen an ersetze sollen.

Zum Schluss wëll ech nach zitéieren aus engem Avis vun der sou genannter Euro-Memorandumsgrupp, enger Grupp vun europäeschen Ekonomisten fir eng alternativ europäesch Wirtschaftspolitik, en Extrait deen, mengen ech, zimlech genau d'Problemer situéiert, déi sech de Moment an Europa stellen. An der Zesummefaassung vun deem Avis steet dran: „Die Europäische Union befindet sich an einem kritischen Entwicklungspunkt. Sie ist mit vier großen Herausforderungen konfrontiert, und ist nicht gut darauf vorbereitet, diese zu bewältigen. Erstens ist sie in einer anhaltenden ökonomischen Stagnation mit steigender Arbeitslosigkeit und sozialer Polarisierung gefangen. Zweitens gehen aus der bevorstehenden Erweiterung zusätzliche schwere wirtschaftliche, soziale und politische Probleme hervor. Drittens schlägt sich die EU mit dem Verfassungsentwurf herum, der dafür bestimmt sein soll, die europäische Einheit zu festigen und zu einer bestimmten europäi-

schen Identität zu führen in einer Zeit, in der" - viertens - „starker geopolitischer Druck schweren politischen Dissens und Konflikte in der Welt sowie zwischen den Mitgliedstaaten der EU erzeugt.

Die Antworten der Union auf diese Herausforderungen sind absolut unangemessen und werden diese Probleme nicht lösen sondern in vielerlei Hinsicht verschlimmern. Die Kommission behält ihre restriktive Wirtschaftspolitik bei und verstärkt den neoliberalen Druck durch eine Privatisierungswelle und einen sehr beschränkten Ansatz gegenüber den Konzepten des öffentlichen Interesses und der öffentlichen Dienstleistungen. Dieser enge Rahmen ist ein Hindernis für Wachstum und Beschäftigung und lässt keinen Raum, um die zusätzlichen Probleme der Ungleichheiten und Verschiedenheiten, die mit dem Beitritt von zehn neuen Mitgliedern zur EU einhergehen, in einer akzeptablen Weise zu lösen.

Die starke und fortschrittliche Rolle, welche die EU in der derzeitigen Welt der Konflikte und Spannungen spielen sollte, kann nicht durch einen neuen militärischen Ausbau erreicht werden, sie muss auf der Entwicklung eines starken und demokratischen europäischen Sozialmodells basieren, das eine glaubwürdige und überzeugende Alternative zu dem Modell einer Supermacht mit dürftigen sozialen Standards darstellt. Die Eckpunkte einer europaweiten Entwicklungsstrategie mit diesem Ziel sind Vollbeschäftigung, ein hohes Niveau sozialer Wohlfahrt, Gerechtigkeit, ökologische Nachhaltigkeit und internationale Zusammenarbeit.“

Dir Dammen an Dir Hären, an esou engem europäesche Kader géife sech och aner - wann dee Kader da géif bestoen, et geet leider an eng Géigerichtung - géife sech och aner Méiglechkeete fir eng ökonomesch équilibréiert a staark émverdeelend Wirtschafts- a Sozialpolitik zu Lëtzebuerg an an der Grande région bidden, déi de Chômage kéintén aus der Welt schaffen an d'Recht op Aarbecht kéintén duerchsetzen. Esou eng nei ekonomesch Politik zu Lëtzebuerg géif éischtens d'Souveränitéit iwwert d'Wirtschaft an iwwert d'Aarbechtsplazen erëmgewannen a si géif eng wirklech Beschäftigungspolitik kënne maachen. Si géif sech och d'Mëttele gi fir eng wirklech Beschäftigungspolitik ze maachen.

Si géif eng Ëmverdeelung vum Räichtum virhuelen op der Basis vu bestoenden Instrumenter deelweis, wéi der Sécurité sociale an de Services publics, déi nei demokratesch Mëttele misste kréien, fir besser kënne fir déi Ziler ze agéieren.

Drëttens, eng partizipativ Demokratie och wirklech op allen Niveaue misst ugestriift ginn, och an der Wirtschaft selwer. Dat ass jo den eenzeggen Deel vun der Gesellschaft, wou et nach guer net demokratesch zougeet.

Véiertens, déi ekonomesch a steierlech Kooperatioun an der Groussregioun misst zu enger vun de Prioritéite gemaach ginn, an et misst opgehale gi mat deem Steierdumping, wou versicht gëtt wirtschaftlech Substanz op Lëtzebuerg ze zéien, ouni dat Ganzt an enger harmonescher équilibréierter Entwécklung an engem europäesche Kontext ze gesinn, an engem gesamte Kontext vun der Groussregioun.

D'Mëttele fir dat ze maache wäeren do. Déi wichtegst Mëttele wäeren éischtens mol d'Leit déi schaffe ginn, déi och méi motivéiert wäere fir schaffen ze goe wann esou eng Politik géif gemaach ginn.

Den Här Clement huet no Alternative gefrot. Mä mir hu jo och Reserven, mir hunn d'Reservé vun der Sozialversécherung, déi 25% vum Produit intérieur brut ausmaachen - eng riseg Zomm. Wat geschitt mat där Zomm? Wat schléit eis d'Regie-

rung vir? Déi deelweis op d'Bourse ze setzen an an Titren ëmzewandelen. Da kéint och zum Beispill en Deel vun deene Sue vun der Reserve vun der Sécurité sociale geholl ginn, fir eng aner Wirtschaftspolitik a Lëtzebuerg mat hëllefen...

(Interruption)

Op kee Fall, seet den Här Jaerling, den Här Jaerling wëll alles de Privatbetreiber iwwerloossen an da kënnt en a Konflikt mat senge gewerkschaftlechen Opfaassungen, déi him awer misste soen, dass an de Privatbetreiber ganz schlecht sozial Bedéngungen herrschen. E misst och emol vläicht sengen Aarbechter - déi e jo heiansdo virgëtt ze vertrieeden - soen, dass wann dat sech duerchsetzt, wat hien heiansdo hei op der Tribün seet, ...

M. Aly Jaerling (ADR).- Ech war nach net do.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- ...dass et dann och den Aarbechter vill méi schlecht géif goen, well da géife se net méi mat gudder Paie bei der Gemeng schaffen, da géife se a Privatbetreiber nach mat der Halschent vun deene Paie schaffen.

M. Aly Jaerling (ADR).- An Dir klaut gären den Aarbechter hir Reserven aus de Pensiounskeesen. Wat ass dat dann?

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Neen, déi Reserve géifen zum Beispill ganz notzbréngend kënne agesat ginn, fir eng wirtschaftlech Entwécklung hei ze dynamiséieren, amplaz dass se op der Bourse agesat ginn, fir an iergendwellech Risikokapital, wéi dat jo heescht, ëmgewandelt ze ginn.

M. Aly Jaerling (ADR).- Wat heescht hei ëmgewandelt ze ginn. Et ass dach kloer, dass ee versicht dat Geld sou gutt wéi méiglech unzeleeën. Hutt Dir domadder e Problem?

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Jo.

M. Aly Jaerling (ADR).- Hutt Dir domadder e Problem wann d'Reserven da gewënnbréngend ugeluecht ginn, dass se méi Plusvalué bréngen? Hutt Dir domadder e Problem?

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Si brénge vläicht deelweis Plusvaluen an, ginn och vläicht deelweis gewënnbréngend ugeluecht, mä an d'Titren iwwert déi mir net bestëmmen, an d'Titren déi op der Bourse ugebuede ginn a wou aner Leit driwwer bestëmmen. Mä dat Ganzt géif jo awer allerdéngs erfuerderen, dass een déi Froen hei kéint méi am Detail diskutéieren. Ech mengen, dass dat elo am Kader hei net méiglech ass, meng Riedezäit ass geschwënn eriwuer.

Ech mengen, dass mer op esou eng Entwécklung misste kommen, ewéi ech elo versicht hunn a ganz graffen Zich virzezechnen. Ech mengen net, dass et u mir ass hei detailléiert Propositionen ze maachen, déi ech souwisou net an der Lag sinn um nationale Plang duerchzusetzen. Déi kënne nëmmen duerchgesat gi wann hei am Land an och an Europa eng aner öffentlech Meinung entsteet, aus där eraus och Propositionen kommen. Eng aner Géigenöffentlechkeet. Aner Géigefuerderungen. Wou awer de Moment och eng Entwécklung an der Welt an an Europa amgaang ass, iwwert déi europäesch Sozialforumen, iwwert d'Zesummenaarbecht vun de Gewerkschaften, iwwert d'Zesummenaarbecht vu politesche Parteien, och iwwert d'Grenzen ewech, wou an Usätz d'Grondrëss vun esou enger alternativer wirtschaftlecher Entwécklung amgaange sinn ze entstoen.

Déi Initiative wäerte mat Sécherheet net vun där Regierung ausgoen, ech géif souguer soen, si géifen och net vun där nächster

Regierung ausgoen, egal wéi déi Regierung zesummegeat wär, a souguer wann déi Lénk an där Regierung dra wär, géife se nach net kënne duerchgesat ginn, well ech mengen, dass dofir e ganz aneren Usaz muss an der Gesellschaft geschéien, do musse Bewegungen an eng gewësse Richtung kommen, soss ass et irrealistes an Zukunft ze mengen, zu Lëtzebuerg einfach iwwer klassesch Parteipolitik an iwwer eng klassesch Regierungspolitik eppes duerchsetzen ze kënne.

Ech soen lech merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Budgetsrapporteur a Fraktionskolleeg, dem Jean-Marie Halsdorf, merci soe fir säi ganz ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport, deen d'ailleurs och ganz courageiert war, an him dofir félicitéieren.

Obwuel dës Budget en vue vun deem schwierigen internationalen Ëmfeld op engem nationalen Ëmfeld huet missen opgestallt ginn, ass d'Zil vun enger virsichtiger Finanzpolitik och dëst Joer erreecht ginn. Fir dat Lëtzebuerg weider konkurrenzfähig am internationalen Ëmfeld bleift, ginn d'Investitiounen weiderhin op engem ganz héijen Niveau gehalen. D'öffentlech Investitionsausgabe wäerte bis 2007 op e Gesamtvolum vu 6,8 Milliarden Euro klammen.

Dat, Här President, si vill Suen, ech géif soen et si souguer ganz vill Suen. Fir all dës Projete kënne ze realiséiere war et schonns wichteg, dass déi eenzel Fongen deementsprechend a besseren Zäite gespeist goufen. D'Politik also zum Apel fir den Dusch, vum Tandem Juncker-Frieden, erweist sech just haut als äusserst richtig. An dofir ass et einfach falsch, wann d'LSAP duerch de Mond vum Här Goebbels seet oder schreift, déi Investissementen géifen erof goen. Richtig ass, dass manner Geld iwwert de Budget an d'Fonge fléisst, mä dat heescht awer net, dass onbedéngt manner dofir investéiert gëtt.

Et ass nach ni esou vill investéiert ginn ewéi an dëser Zäit. D'Zuelen, déi a sech net léien, wäerten dat beweisen, oder se bewiese just de Géigendeel vun deem, wat den Här Goebbels schreift. 2,6% vum PIB goufen 2001 investéiert, 2,7% 2002 an 2003, an dës Budget fir 2004 gesäit 2,9% vum PIB vir. Rechent een de ganze Secteur public zesummen, d'Gemengen also dobäi, komme mer op e Gesamtinvest vu 5,2% vum PIB. Wann een dann och nach weess, dass d'Moyenne vun öffentlechen Investitiounen an der Europäescher Union bei 2,3% läit, kann een nun awer wirklech net, léif Kolléeg vun der Opposition, schwätze vun enger schlechter oder falscher oder manner héijer Investpolitik.

Dës héich Investissementer hu mëttel- oder och laangfristeg sécherlech positiv Effekter op d'Kompetitivitéit vun der Lëtzeburger Ekonomie, ënner anerem awer och op déi vun deene ville Kleng- a Mëttelbetreiber. Eng Feststellung oder e Luef un d'Regierung, dee sech praktesch an alle Rapporte vun der Berufschamberen zum Budget erëmfënt.

D'PMEE stellen niewent der Finanzplaz den Hauptpiliir vun eiser Wirtschaft duer. 14.000 Entrepreneuren, 130.000 Aarbechtsplazen, déi hiersäits och nach 40% vum eise Bruttoinlandsprodukt erwirtschaften, bewisen d'Gewiicht vun de Kleng-

a Mëttelbetreiber an der Lëtzeburger Ekonomie. Mëttelstänneg Betreiber beschäftegen an der Regel zéng Aarbechter a si ganz staark mat hirem geographesche wéi och mat hirem sozialen Ëmfeld verbonden.

Fir dass eis Kleng- a Mëttelbetreiber och an Zukunft kompetitiv bleiwe kënne, goufen an deene leschte Jore verschidde Mesuren en faveur vun deene Klengen a mëttel Betreiber betraff. Et goufen déi richtig Rahmebedéngungen ausgeschafft, dorënner versteet een dee steierlechen an dee legislative Kader, deen der wirtschaftlecher an technescher Entwécklung Rechnung dréit. Dat sinn d'Subventiounen fir Betreiber an der Recherche an am Développement, dat sinn déi néideg Infrastrukturen, déi d'Nidderloosse vun neie Betreiber favoriséieren. An dës Kader soll et erlaben den Développement virun ze driwwen an och gläichzäiteg auslännesch Investisseuren op Lëtzebuerg ze zéien.

D'Steierreform dréit den Exigence vum Plan d'action en faveur des PME, dee vum Mëttelstandsminister Fernand Boden ausgeschafft gouf, Rechnung. Se stimuléiert d'Investissementen vun den Entrepreneuren duerch eng zolidd Reduzéierung vun de Steuerchargen.

Si hat awer och net nëmmen Auswirkungen op d'Betreiber, mä och op d'Privatpersounen. D'Chambre de Commerce gesäit dat a sengem Avis zum Budget och esou. Duerch déi virgezunne Steuerreform an de Joren 2001 an 2002 konnten d'Betreiber 322 Milliounen Euro, d'Privathaushalter souguer 433 Milliounen Euro aspueren.

Dës Steuerermässeungen hunn et de Betreiber erlaabt, nei Investitiounen fir d'Zukunft ze finanzéieren. De Budgetminister Luc Frieden huet dat och d'lescht Woch hei op der Tribün bestätegt, dass just an de PMEE an leschte Joer aussergewöhnlech vill investéiert gouf. Dofir kann ech u sech d'Kritik, dës Steuerreform wär ze wäit gaangen - eng Formulierung vun där grénger Fraktioun -, net esou gëlle loosse. Den Här Bausch huet seng Theorie gëschter sécherlech hei op dëser Tribün erkläert, mä ech ka se - soen ech emol einfach - net deelen.

D'Steierreform huet d'Wirtschaft nei ugedriwwen, huet mat Sécherheet och de Konsum stimuléiert an huet mat Sécherheet verhënnert, dass Lëtzebuerg net op eng ähnlech précaire Wirtschaftslag verfall ass, wéi dat bei eisen dräi direkten Noperen haut de Fall ass. De Beweis, dass dës Steuerreform déi richtig Mesure war, ass also erbruecht bei eisen Noperen, déi dat net gemaach hunn, oder net an deem Mooss gemaach hunn, esou wéi den Här Bausch dat hätt wëlle maachen, wann hien d'Soe gehat hätt hei zu Lëtzebuerg, ass d'Wirtschaftslag wesentlech méi schlecht wéi hei zu Lëtzebuerg. Hien huet u sech gemengt, wann ech e richtig verstanen hu gëschter hei, et hätt een déi Steuerreform net sollen an deem Mooss duerzéien. Doriwwer kann een u sech, mengen ech, streiden, mä de Beweis ass erbruecht: Et geet eis besser wéi eisen Noperen. Wa mer et gemaach hätte wéi den Här Bausch gesot huet, dat ass elo schwéier ze beweisen, dat steet fest, mä dat kann een och warscheinlech net beweisen, mä et kann een am Nachhinein awer soen, et wär besser gewiescht oder schlechter gewiescht. Ech sinn zum Beispill net där Meinung.

Hien huet geschwat: Wou komme mer hier hei zu Lëtzebuerg? Mir hunn eng Croissance gehat vun 8% an deene gudden Joren. Mir kommen haut op 1% oder 1% an e bësselchen, dat ass richtig. Mir si warscheinlech do méi déif gefall wéi aner. Mä et muss een awer och derbäi soen, dat ee klengt Land - mir si jo keng Insel, wéi dat ëmmer esou schéi gesot gëtt - dat ee klengt Land wéi Lëtzebuerg

éischter d'Fluctuationen aus dem Ausland spielt, sécherlech déi positiv an och déi negativ. A wa mer ganz séier, wann et am Ausland gutt geet, hei méi héich Prozent kënne fueren an deem klengen Land, oder wann déi méi schnell hei op Lëtzebuerg eriwuerkommen, da muss ee soen, da kënnt dat och bei deenen negativen. An déi negativ sinn awer net an deem Mooss komm wéi virdrun déi positiv komm sinn. Also muss ech schlussfolgern, dass déi Steuerreform trotzdem hir Konsequenzen hat op d'Betreiber an op d'Konsumverhale vun de Lëtzeburger Bierger, da muss ech folgern, dass se richtig war.

Eis Entrepreneuren hunn u sech guer kee Konkurrenznodeel par rapport zum Ausland, wéi dat och heiansdo hei gesot gëtt. Net nëmmen eise kompetitive Fiskalkader an dat gutt soziaalt Ëmfeld, mä och déi niddreg Lounniewekäschte sinn nieft der politescher Stabilitéit, par rapport zu eisen Nopeschlänner, mat Sécherheet en Atout fir de Standuert Lëtzebuerg. Dës Mesuren eleng ginn awer net duer fir längerfristeg d'Kompetitivitéit vun eise Kleng- a Mëttelbetreiber ze assureieren. De Secteur vun de Kleng- a Mëttelbetreiber muss och an Zukunft weider ausgebaut ginn a muss och an Zukunft op d'Ernerstëtzung vun der Politik ziele kënne. D'Erhaltung an d'Entwécklung vum Wuesstumspotenzial vun de Kleng- a Mëttelbetreiber mussen iwwert d'Diversifikatioun an d'Kreatioun vun neien Entreprises féieren.

De Mëttelstandsminister Fernand Boden an de Wirtschaftsminister bedriwwen an dësem Kontext säit Joren eng konsequent Förderungs politik. Eleng am Mëttelstandsministère sinn d'Demandes d'autorisation en matière d'établissement säit 1999 konstant eropgaangen. Just e puer Zuelen: 1999: 7.335 Stéck ugefrot, 4.604 accordéiert; 2000: 7.174 ugefrot, 4.470 accordéiert; 2001: 7.648 ugefrot, 4.579 accordéiert; an 2002: 7.954 ugefrot, also bal 8.000, dat ass e Plus vu knapp 700 Stéck, a 4.859 Stéck accordéiert. Also och do ass kee Réckgang ze verzechnen.

Wa mir vu wirtschaftlecher Diversifikatioun schwätzen, da besteet selbstverständlech éischt Prioritéit doranner fir d'Situatioun vun deene Betreiber, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, ze festegen. Sécher ass vill Promotioun och am Ausland gemaach gi fir nei Investisseuren ze fannen, an déi muss och konsequent weidergefouert ginn. Duerch déi aktiv Förderungs politik vun der Regierung hu sech säit 2000 eng 47 nei Betreiber an Aktivitéiten implantéiert, mat engem Gesamtvolum vun Investitiounen vun iwwer 500 Milliounen Euro. Dës Betreiber hunn ënnert anerem 1.500 Aarbechtsplaze geschafft. Dës Entreprises bréngen nei Technologie mat sech oder erlaben et, déi bestehend Strukture weider ze verbessern. Duerch eng aktiv Förderungs politik ass et gelong, déi wirtschaftlech Diversifikatioun vun eise Land no vir ze bréngen.

Mat Amazon, mat AOL, mat Microsoft loosse sech dräi international wirtschaftlech Risen hei zu Lëtzebuerg nidder. Och dat ass, wéi den Här Statsminister dat d'lescht Woch hei op der Tribün gesot huet, mat Sécherheet net vum selwe gaangen, et ass Lëtzebuerg net einfach esou an de Schouss gefall. Et ware schwierig a virun allem laang Verhandlungen bis et esou wäit war, a wann ech d'Riedner gëschter héieren hunn, mengen ech gëtt dat och zu engem groussen Deel vun alle Borden hei akzeptéiert, bis op den Här Krecké, deen huet gemengt et wäeren nach aner Mesuren do am Spill gewiescht. De Bilan géif ech soe vun där wirtschaftlecher Diversifikatioun vun dëser Regierung hält de Verglach mat deem vun där leschter Regierung largement aus.

Pluspunkte muss een der jëtzege Regierung ginn, einfach dowéinst, well dat wirtschaftlecht Ëmfeld an

de Joren, ufanks 2000 dach wesentlech méi schwiereg war an och nach ass wéi dat Enn der 90er Jore war. De Plan d'action en faveur des PME vum Fernand Boden ass wäitstehend émgesat ginn. Dorënner falen och d'Efforte vun der Promotion de l'esprit d'entreprise. D'Promotionsinstrumenter ginn de Besoine vun de Kleng- a Mëttelbetriber ugepasst. Technologieparker a Pépinière-d'entreprise ginn an deem Kontext och geschafen. Esou kann een zum Beispill d'Kreatioun vun Empfangsstrukture fir nei Aktivitéiten oder Entreprises en phase de démarrage zitieren: de Projet Ecostart an de Belval-Ouest esou wéi de Concours 1,2,3 Go.

Finanziell Ennerstëtzen a Bähëllefen zu Gonschte vu Kleng- a Mëttelbetriber goufen a ginn och nach renforcéiert. Am Kader vum Soutien à la création et à la reprise d'entreprises huet d'SNCI Moossname getraff, déi deene jonke Betribsgrënner den Zougank zum Startkapital vereinfacht. Dofir gouf e Régime spécifique de renforcement de plan propre ou quasiment propre geschaaft. Dat heissen Instrument, dat den Numm „Prêt de démarrage“ dréit, ass mat Sécherheet awer nach erweiterungsfäeg, mä komplettéiert quand même déi vill aner Mesuren, déi d'Kreatioun an d'Reprise vu bestehenden Entreprises am Mëttelstand ennerstëtzen. Hei bleift awer nach vill ze maachen. Et gëtt hei nach Ausbauméiglechkeeten, a mäi Fraktiounskolleeg, den Här Sauber, wäert dorobber méi am Detail agoen.

An deem Kontext wollt ech och nach kuerz op d'Reform vun de Lois-cadres vum Mëttelstand agoen. Déi aktuell Léglatioun vun de Lois-cadres huet dozou geféiert, datt Investisementer vum Mëttelstand, déi iwwert d'Hëllefe vun de Lois-cadres generéiert ginn, d'lescht Joer ëm 58% gewuess sinn. Eenzel Wirtschaftssecteuren hei am Land hu Schwierigkeiten ze dréien. De Mëttelstand ass amgaang ze investéieren. D'Reform vun deem Gesetz soll d'Léglatioun erëm nei un déi wirtschaftlech Realitéiten upassen an d'Kompetitivitéit vun de Kleng- a Mëttelbetriber weider verstärken. D'Reform gesäit vir, net nëmme korporell Investisementer, mä och Breveten, Lizenzen an net breveteiert Wësse fir Ennerstëtzungshëllefen éligibel ze maachen. Si encouragéiert och déi rational Notzung vun der Energie a begleet d'Rechercheustrengung.

Eng Verstärkung vun der finanzieller Ennerstëtzung duerch d'Reform vun de Lois-cadres erlaabt mëttel- a laangfristeg d'Kreatioun vun neien Entreprises esou wéi d'Entwécklung vun deene bestehende Betriber ze stimuléieren. Duerch soll hir Kompetitivitéit verstärkt ginn. An Entreprises investéieren, an notament a Kleng- a Mëttelbetriber, heescht sech Mëttel gi fir haut schonn e groussen Deel vum Räichtum vun der zukünfteger Gesellschaft ze schaffen.

De Fait, dass dës Reform an engem Moment realiséiert gëtt wou eis Ekonomie Konjunkturschwierigkeiten ausgesat ass, gëtt och vun der Chambre des Métiers begréisst. Dat neit Kadergesetz dréit mat Sécherheet dozou bai fir Investisementer laangfristeg ze stimuléieren a viséiert all Entreprises, mä haaptsächlech d'PMEen hei zu Lëtzebuerg. Datt een nach weider Efforten am Beräich vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun muss maachen, ass mat Sécherheet allgemeng bekannt. Dat hunn ech och schonn aganks gesot.

Wann een Diversifikatioun seet, da seet een och Innovatioun. D'Innovatioun stellt haut e Facteur de réussite fir all Entreprise duer, well d'Innovatioun erlaabt et, d'Kompetitivitéit ze steigern an och d'Präsenz um nationalen an internationalen Plang ze sécheren. D'Innovatioun an den Transfert vun neien Technologien esou wéi d'Re-

cherche an den Développement ginn an Zukunft strategesch Elementer fir all Kleng- a Mëttelbetriber. Eng Politik, déi d'Kompetitivitéit vun hiren Entreprises wëllt fördern, muss deemno hir Efforten am Beräich vun der Recherche och verstärken. Dofir wëlle mir trotz budgetären Zwäng 0,3% vum PIB fir d'Fuerschung reservéieren. D'Regierung ass ausserdem gewëllt, bis 2010 3% vum PIB an d'Recherche, an den Développement ze steechen oder ze investéieren. Een Drëttel dovunner soll vum Secteur public financéiert ginn, déi aner zwee Drëttel solle vum Secteur privé kommen.

An deem Kontext wëll ech och nach kuerz d'Schafung vun der Universitéit Lëtzebuerg ernimmen. Si wäert an Zukunft eng primordial Roll an der Koordinatioun an an der Recherche spillen. Wa mer et fäerdeg bréngen, eng perfekt Interaktioun tëschent der Recherche an dem Betribsliewen hierzestellen, da maache mer mat Sécherheet vill fir eis Wirtschaft an hir Diversifikatioun.

Déi finanziell Bähëllef fir d'Recherche an den Développement hunn d'lescht Joer e Rekordniveau vun iwwer 74 Milliounen Euro erreecht. Aacht vun deene 15 neie Projekte goufen och vu Kleng- a Mëttelbetriber elaboreiert. Fir d'Kompetitivitéit vum Mëttelstand ze stärken, gehéieren och d'Entlaaschtung - an dat ass e wichteg Punkt - an d'Vereinfachung vun den administrativen Chargen dozou. Vill Kleng- a Mëttelbetriber kritiséieren ëmmer erëm d'Quantitéit an d'Komplexitéit vun deene verschiddenen administrativen Formalitéiten. Ech mengen, dat ass och geschéit schonn hei esou gesot ginn. Vill Betriber consacréieren vill Zäit an Energie mam Ausfülle vu Formularen, mam Suivi vu Prozeduren, mam Weiderleede vun Informatiounen iwwert d'Entreprise, mam Deklaréieren vu Changementer innerhalb der Entreprise. Verschidde Regeln a Prozeduren sinn deraart komplex oder inadapteeiert, datt se onnéideg Käschte mat sech bréngen.

Eng Etüd vun der Chambre des Métiers iwwert d'Charges administratives am Handwierk huet festgestallt, datt d'Käschte vun de Charges administratives 1,2% vum jeeweilege Chiffre d'affaires vun den Entreprises duerstellen. Dës zu engem groussen Prozentsatz onnéideg Käschte muss een och als Investitiounsbremms ugesinn. Duerfir muss een zu engem Ofbau vum Verwaltungsofstand vun den Entreprises an deenen iwwerlaange Bearbechtungsprozeduren kommen. Uniform Moossname mussen einfach getraff ginn.

Wann e Betrib sech weinst administrative Formalitéiten un eng Verwaltung richt, da muss en eigentlech un enger Plaz usetze kënnen. Vun där Plaz aus awer misst d'Uleies vum Betrib délai-gebonden duerch sämtlech concernéiert Verwaltungen weidergeleet an traiteiert ginn. Duerch e konsequenten Ofbau vun de Verwaltungsprozeduren op allen Ebenen, gekoppelt mat enger Vernetzung vun deenen eenzelne Verwaltungen, kann een deem Zil sécherlech wesentlech méi no kommen. Dës Centre de formalités kënn en och Guichet unique généralisé oder anescht nennen, en Instrument wat et u sech bei der Chambre des Métiers och scho gëtt.

Bei enger Duerchforstung vun alle Prozeduren, do sinn ech dovun iwwerzeugt, kéint déi eng oder aner Prozedur entdeckt ginn, déi entweder ofgeschaaft oder du moins vereinfacht, reforméiert kënn ginn. Verschidde konkret Moossname sinn awer schonns am Mëttelstandsmistère an deem Kontext an deene leschte Jore getraff ginn, esou wéi d'Installatioun vun deem Centre de formalités bei der Zertifikatioun ISO 9000 vum Service des Autorisations vun deem Ministère, d'Reform vum Registre de Commerce, d'Schafung vun engem har-

moniséierte Plan comptable esou wéi vun enger Centrale de bilans, d'Reform vun der Léglatioun am Traitement vu perséinlechen Donnéeën a schlussendlech méi e groussen Zougrëff op déi nei Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien. All dës Mesurë sollen den Informatiounsaustausch tëschent deenen eenzelnen Administratiounen an Entreprises verbessere.

Zum leschte Punkt wollt ech lech nach drop opmierksam maachen, datt am Moment verschidden Initiativen am Kader vum Programm e-Government elaboreiert ginn. Et handelt sech do notament ëm eng Schafung vun engem Portail pour entreprises, deen all Informatiounen an och Formalitéiten, Pabeiere fir d'Entreprise bereetstelt soll. Dës Portail fir d'Entreprise muss schnellstens kommen. E wäert mat Sécherheet, dat ass e ganz wesentleche Punkt, déi administrativ Aarbecht vun de Betriber zolidd vereinfachen.

Datselwecht gëllt - an dat hunn ech schonn e puermol hei op der Tribün gesot, den Här Krecké huet dat geschéit och gesot - fir d'Schafung vun enger Signature électronique. Mir hunn do e Gesetz, mä mir hu kee Gesetz iwwert d'Signature électronique uniforme. Ech weess, datt do dru geschafft gëtt. Ech weess och, datt aner Länner, notament Finnland, an deem Kontext sech dorunner d'Zänn ausgegass hunn an zolidd Geld an de Sand gesat hunn. Mä, Här President, et ass trotzdem wichteg fir eis Betriber, datt mir déi Signature uniforme kréien. Fir eis Betriber ass et wichteg, mä et ass awer och wichteg fir d'Leit dobaussen am Land, déi och domadder mussen ëmgoen.

En anert Instrument fir déi administrativ Prozeduren a Chargé fir Entreprises ze verklengere ass eng méi seriö Applikatioun vun de Fiches d'impact. Och dat hunn ech schonn eng Keier hei gesot. De politesche Wëlle vun der Regierung ass et fir méi transparent an hiren Entscheidungen ze ginn oder ze sinn. Duerfir kréie bei neie Gesetzesprojeten a bei neie Reglementer all direkt concernéiert Parteien eng Fiche bäigefügt, déi beschreift wat fir en Impact dës nei legislativ Mesuren op d'Emfeld vu Kleng- a Mëttelbetriber hunn. Si soll och den Impact op d'Verwaltung analyséieren. Dës Fiche d'impact soll deemno d'Effete vun de legislativ Moossname beschreiwen esou wéi déi concernéiert professionell an öffentlech Milieuen informéieren.

Dës Fiches d'impact, déi vum Ministère des Classes moyennes a vum Ministère de la Fonction publique finaliséiert gi sinn, ginn et schonn, mä an der Praxis ginn déi Fiches d'impact net ugewannt oder besser gesot guer net ugewannt. Ech hunn der scho gesinn, awer ech hunn nach keng gesinn déi ausgefëllt war. Fir d'Ausfüllen ass elo allerdéngs net de Ministère des Classes moyennes zoustänneg. Do ass u sech d'ganz Regierung gefuerdert. Do ass all eenzelne Ministère, all eenzelne Minister fir säi Ressort zoustänneg. Den Impact vun engem Gesetz oder engem Reglement gëtt och net eleng op de Mëttelstand analyséiert, mä et gëtt och festgehalten - ech hunn et schonns ugedeit -, wat ass den Impact vun engem Gesetz fir den normale Bierger, fir d'Verwaltung selwer. A just do wëll ech nach eng Keier anhalen.

De Statsminister huet d'lescht Woch vun engem Astellungsstopp bei der Fonction publique geschwat. Als reng Spuermoossnam kann ech dat novollzéien. Mä hien huet awer och gesot: Ausser wa ka bewise ginn, datt déi Persoun, déi a Pensioun geet, onbedéngt muss ersat ginn. Gëtt dat bewisen, gëtt

déi betreffend Persoun och ersat. Mä, Här President, dat schéngt mir awer d'Évidence même ze sinn, datt een dat esou gesäit, awer net nëmme esou gesäit a Spuerzäiten. Et ersetzt ee jo awer d'Leit déi a Pensioun gi well ee se brauch an net well do zoufälligerweis e Stull oder eng Plaz fräi gëtt. Och hei géif eng richtig ausgefëllte Fiche d'impact Opschluss doriwwer ginn. Et ass nämlech eng Spart dofir virgesinn, ob duerch dat eent oder anert Gesetz oder Reglement den Aarbechtssvolum vum Ministère oder vun der Verwaltung méi grouss oder méi kleng géif ginn. Iwwert dee Wee kritt een Informatiounen ob eng Verwaltung zousätzlech Personal bräicht oder ob bei där Verwaltung ze vill Leit géife schaffen. Et ass séier wichteg, datt déi staatlech Stellen gutt équipéiert sinn, dat esouwuel materiell wéi och personell, fir kënnen effikass ze schaffen. An dat am Sënn vun de Betriber an zum Wuel vun de Bierger hei aus dem Land.

D'Kompetitivitéit vun eiser Wirtschaft ass ausserdeem zu engem groussen Prozentsatz vun enger motivéierter a virun allem héich qualifizierter Main-d'oeuvre ofhängeg. Och hei gëllt, wéi a praktesch allen Domänen, déi de Mëttelstand betreffen: Et muss een d'Situatioun an der Regioun an och am noen Ausland am A behalen. Et muss een ëmmer erëm d'Mechanismen déi een huet an dat wirtschaftlecht Emfeld op hir Tauglechkeet iwwerpräiwen. D'Betriber mussen sech selwer ëmmer erëm d'Fro stellen: Maache mir alles richtig? Gräifen elo all dës Mesuren net anenanner, lafe mir hei zu Lëtzebuerg vun haut op muer ganz séier Gefor, dee richtigen Zuch ze verpassen oder um falsche Gleis op dee falschen Zuch ze waarden.

Ech wëll nach kuerz op dee kierzlech erschéngene Pabeier vun de Kolleegen vun der LSAP agoen, deen heescht „Sofortprogramm für unsere Wirtschaft“. Autoren: Jeannot Krecké a Robert Goebbels. Ech hunn e gelies an ech muss soen, ech ka bal alles wat drasteet mat ënnerschreiwen. Obschonn, muss ech awer soen, viles drasteet wat e bësselchen aus der Mottenkiste kënn oder staamt.

(Interruption)

Ech soen lech déi elo, Här Krecké. Well viles vun deem wat drasteet, oder e puer Saache vun deem wat drasteet, sinn haut nees nei virgeschloen Mesuren, déi mir scho viru Joren hei op där Tribün diskutéiert hunn, esouguer nach an Zäite wou d'LSAP an der Regierung war, an notament den Här Goebbels Minister war. Dir hutt drastoe vun de Bauschuttdeponien, wat déi Zäit och en Thema war. Dir wollt wëssen, d'Gestion contrôlée bei de Failliten. Ech géif soen, éischter Gestion assistée, wat déi Zäit schonn en Thema war. Dir wollt wëssen, de Steierkredit vun 10 op 12% ze setzen, wat déi Zäit och en Thema war.

(Interruption)

Här Krecké, ech soe just, dat war och déi Zäit schonn en Thema. Dir wollt der e puer wëssen. Wéi gesot, déi Mesuren, déi hei drastinn, si méi oder weiniger matzedroen. Do hunn ech kee Problem domat. Mä, Här President, elo kënn awer de spréngende Punkt. D'Kolleegen vun der LSAP hunn eppes vergiess an hire Pabeier ze schreiwen, nämlech d'Fuerderung no enger sechster Congéswoch, déi d'ailleurs jo awer och vun deene Grénge méi implizit gefuerdert gëtt wéi vun hinne, an d'Afëierung vun der 35-Stonne-Woch. Dat sinn nämlech och zwou Mesuren, déi aus sozialistescher Fieder stamen.

Dës zwou Mesuren, Här President, géif ech awer soen, dinn dem Mëttelstand an der jëtzege Situatioun awer wierklech wéi a si wäerten au contraire guer net op d'Spréng hëllef.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här Clement, d'intellektuell Onéier-

lechkeet hunn ech net gär. Dir wësst dass mir net d'Afëierung vun der 35-Stonne-Woch ageschriwwen hunn. Wann Der et net wësst, da soen ech lech et.

M. Lucien Clement (CSV).- Den Här Lux huet dat schon eng Keier laang a breet...

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Majo, da gitt lech endlech domat. Ech halen lech, Här Clement, normal fir e ganz éierleche Käre, dann haalt op esou Saachen ze soen. Dat ass lech net würdeg. Dir wësst ganz genau, dass dat do net de Fall ass. Wann Der eppes sot, da gitt et an allen Nuancen erëm, wann ech gelift, awer net wéi dat do.

M. Lucien Clement (CSV).- Ech sinn net den Auteur vun Är Proposition de loi, fir déi hei auseneen ze leeën. Ech soe just a groussen Zich, datt dat den Hauptobjekt ass, déi 35-Stonne-Woch kombinéiert, d'accord, mat verschiddene Mesuren, do hunn ech kee Problem.

(Interruptions diverses)

Mä et ass jiddefalls eppes wat dem Mëttelstand zolidd géif wéi doen an du krut ech och nach bal e Schreck de Moien, wéi ech déi Saachen hei nach eng Keier zesumme gesicht hunn, do hunn ech gesinn, datt den Här Krecké och nach Co-Auteur vun deenen zwou Saachen ass. Also da géif ech lech awer opfuerderen, Här Krecké, zitt Är Ennerschrëft op engem vun deenen zwee Pabeieren zréck. Da sidd Dir och méi glaubwürdeg, wéi Der dat elo vu mir gesot hutt.

Dat gesot, Här President, wëll ech awer och nach op d'Situatioun vun der Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg agoen. D'Landwirtschaft gehéiert menger Meinung no duerch déi betriblech Struktur vun deem Secteur, de Wäibau inclus, och zum Secteur Mëttelstand. Et sinn zum Deel déi nämlech Problemer mat deenen hei d'Betriber konfrontéiert sinn. Et sinn awer och zum Deel aner Problemer mat deenen dës Secteur ze dinn huet. Ech denken hei besonnesch drun, wéi kann e landwirtschaftleche Betrib zum Beispill seng Fräe wéi Salairen, Stroum, Waasser oder d'Augmentatioun vun dës Fräen iwwert d'Vente vu senger Produité kompenséieren. Am Commerce fonctionnéiert dat, mä an der Landwirtschaft fonctionnéiert dat net. Dat ass an där heiter globaliséierter Landwirtschaft u sech net denkbar a wahrscheinlech och net machbar. Dofir ass et och an Zukunft eis verdammte Pflicht, oder besser gesot d'Pflicht vun der Allgemeinheit, d'Landwirtschaft finanziell esou ze ennerstëtze wéi déi communautär Reglementer dat an iergendenger Form zouloossen.

Duerch dat neit Agrargesetz vum Fernand Boden ginn hei all Méiglechkeeten ausgeschöpft, fir eise Baueren a Wënzer entgéint ze kommen. De Budgetminister Luc Frieden huet d'lescht Woch och hei konfirméiert, datt aussergewéinlech vill an deem Secteur investéiert gouf. Des Weidere gëllt och hei, wéi an anere Secteuren, den administrativen Opwand, dee beim Bauer oder Wënzer mat Sécherheet net méi kleng ass wéi soss anzouwous, op en absolute Minimum wëllen ze reduzéieren. De landwirtschaftleche Secteur ass mat Sécherheet e Secteur, deen och an Zukunft mat ganz ville Problemer wäert konfrontéiert sinn. Ech denken hei un d'Problemer, déi aktuell sinn, déi et elo bei der Cepal gëtt. Ech denken un d'Strukturreform an de Betriber selwer. Ech denken un nei Gesellschaftsformen vun de Betriber. Ech denken och un e Weiderdreiwe vum Remembrement, wat zukünftige Generatiounen mat Sécherheet zegutt kënn.

Schwiereg Diskussiounen stinn an d'Haus wat d'Emsetzung vun de Reformvirschléi vum Här Fischler ugeet. Hei muss driwwer disku-

tiert ginn, an zwar mat allen Acteuren, an ech hunn do selbstverständlech vill Confiance an eise Landwirtschaftsminister, den Här Boden. „Mir loosse eis Baueren net am Reen stoen“, huet de Jean-Claude Juncker hei op dëser Tribün gesot, an dorunner wäert d'CSV sech och halen.

Wat elo de Wäibau betrëfft, ass mat Sécherheet luewenswäert, datt mer elo endlech eng Commission pour la promotion des vins et des cré-mants luxembourgeois hunn. Wann et och nach net dem Idealmodell entsprécht, muss een dach awer zougestoen, déi eenzel Wénzerorganisatiounen hu sech zesumme-fonnt an hire Modell ass mat Sécherheet nach ausbaufäeg. Fir d'Qualitéit vun de Lëtzebuenger Wäiner ze verbesseren hunn d'Wénzer vill, esouguer séier vill gemaach. D'Lëtzebuenger Wäiner fannen an der ganzer Welt Unerkennung. Duerch en intelligent Konzept huet d'Produktioun vun Nischeprodukten éischts dem Konsument vill Freed gemaach an zweetens dem Wénzer en zousätzlech Akommes iwwert dee Wee garantéiert oder bruecht.

Zum Schluss, Här President, wëll ech hei nach eng Motioun ofginn, déi nëmmen eng Ennerschrëft dréit, well ech nach Plaz loosse wëll fir déi aner Fraktiounen, wa se se matdroe wëllen. Et ass u sech eng Motioun, déi mer och am Rapport vun der Agrarkommissioun stoen hunn, datt mer déi Motioun sollen abréngen bei de Budgetsdebatten. Wäert et net de Fall sinn, datt Ennerschrëften dropkommen, wäerte mir fënnf Ennerschrëften drop setzen. Dës Motioun fuerdert d'Regierung u sech op déi Kompartimenter vum Laboratoire vétérinaire, wou kënnen Synergie mam Laboratoire national de Santé Entstoen, esou wäit wéi d'Déclaration gouvernementale vun 1999 et virgesäit, do ze regroupéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant que l'accord de coalition de 1999 prévoit qu'un certain nombre de compétences, dont notamment les analyses en matière agricole et vétérinaire, seront regroupées au Laboratoire National de la Santé;

- partageant cette approche qui ne peut s'avérer que bénéfique au niveau de la coopération entre les deux laboratoires dans l'optique de la sûreté, de la traçabilité et de la qualité des denrées alimentaires;

- considérant que le projet de loi n° 5195 relatif à la construction d'un nouveau Laboratoire National de Santé à Dudelange ne prévoit la construction du Laboratoire de Médecine Vétérinaire qu'à un stade ultérieur sur le même site;

invite le Gouvernement

- à élaborer dans l'immédiat un projet de loi portant construction du Laboratoire de Médecine Vétérinaire sur le site prévu pour le Laboratoire National de la Santé;

- à initier les travaux dès le vote en séance plénière à la Chambre des Députés.

(s.) Lucien Clement, Agny Durdu, Gast Gibéryen, Camille Gira, Jos Scheuer.

Dat gesot, Här President, soen ech all deenen déi hei ware merci, datt se mer nogelauschtert hunn.

M. le Président. - Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Budgetdiskussioun war an ass och dëst Joer net eng Froestonn un d'Oppositioun, wéi den Här Weiler se wollt emfonctionéiere gëschter, mä et ass eng Auseenersetzung mat engem Regierungsdokument, mat dem Budgetsprojekt fir d'Joer 2004 an do-

madder och mat der Regierungspolitik vun deene leschte Joren. Dës Budgetsprojekt fir 2004 kann een och net lassgeléist gesinn a lassgeléist diskutéiere vun deene viregte Budgete vun dëser Regierungsperiod a besonnesch déi Budgeten 2002 an 2003. Budgeten déi, an dat ass exzeptionell, well et sech bei deene Jore schonn em Krisejore gehandelt huet mat engem duerchschnëttleche Wuesstum vun engem Prozent, Budgeten, déi Steigerungsraten haten an hirem Deel vun den Dépenses courantes, déi dräi-, véier-, jo fënnemol iwwert dem reale Wuesstum vun deem Joer louchen.

Mir sollen net nëmmen d'Budgete vun 2002, 2003 an natierlech 2004 kucken, mä och en Ausbléck maachen. Mir müssen dat méi wéi jee bei dëser Diskussioun maachen, op d'Budgete vun deenen nächste Joren, 2005 an 2006.

D'lescht Joer huet de Budgetsminister den deemolege Budgetsprojekt charakteriséiert als realistesch a mëttelfristeg ausgeriicht. Dës Qualifikativer kann ee sécherlech net fir deen heitege Budget gëlle loosse, et pour cause. Dës Budgetsprojekt ass weder realistesch, well en eng ganz Rétsch vu Problemer wëssentlech ignoréiert an d'Léisungen op spéider verschibbt, an en ass scho guer net mëttelfristeg ausgeriicht, well e just eppes am Sënn huet, kuerzfristeg d'Enner beieneen ze kréien an déi mëttelfristeg Erausforderunge bewosst ignoréiert oder erfospillt an op 2005 an 2006 vertässelt.

Dës Regierung, dat muss ee soen, huet eng formidabel Imagination un den Dag geluecht, besonnesch bal ausschliesslech wann et drëm geet mat allmëiglechen Artificé bei den Ausgabe künstlech Budgetszuelen no ënnen ze drécken ouni Aussicht, dass déi Operatioun do mëttelfristeg iergendwéi e Sënn géif erginn. Et ass net normal an et ass vollekswirtschaftlech grondfalsch, dass bei dësem Budget d'Dépenses courantes, déi gréisstendeels Konsumausgabe vum Stat sinn, méi wéi 5% an d'Luucht ginn, bei engem geschätzene Wuesstum vu gutt engem Prozent, an dass parallel dozou de Budget en capital, deen ausschliesslech aus Investissementsausgabe besteet, em 18,3% erfogee. De Konsum geet weider erop. Den Investitionsbudget geet drastesch erof.

Während d'Regierung also net capabel ass oder och net de politesche Wëllen huet, 2004 déi lafend Dépenses net méi schnell uesteigen ze loosse wéi déi wirtschaftlech Entwécklung dat undeit, ginn op eng brutal Aart a Weis d'Dotatiounen vun den Investitions-fongen em 1/6 vun engem Joer op dat anert erfogee. A parallel zu där Erofsetzung vun den Dotatiounen vun den Investitionsfonge ginn awer monter d'Engagementer vum Stat iwwer Neibau an nei Infrastrukturprojeten nach bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod vu Sitzungswoch op Sitzungswoch eropgesat.

Mat manner Geld sollen an deenen nächste Jore méi Projete bezuelt ginn. Ech mengen, do brauch ee kee grouse Finanzfachmann ze sinn, fir sech auszumolen, dass déi dote Rechnung net kann opgoen. Wat nach méi bedenklech ass, dat ass déi volkswirtschaftlech falsch Entwécklung vun den Dépenses courantes. Déi steigen iwwert de Wirtschaftswuesstum an d'Dépenses en capital déi erfoginn, an dass et net fir d'éischt ass wou dës Regierung déi Operatioun mécht. Si huet déiselwecht grondfalsch Operatioun och scho gemaach 2002 an 2003. An och do wëll ech d'Zuele soen:

2002, wou mer héchstwahrscheinlech e Wuesstum hate vu ronn 2,1%, sinn déi lafend Dépenses em 9% an d'Luucht gaangen an d'Kapitaldépenses nëmmen em 0,3%.

2003 war et net besser, an do kann d'Regierung net soen, dass d'Kris

net erkannt war, well do hat souguer si se erkannt. 2003 ass am Dezember vun der Majoritéit e Budget gestëmmt ginn, wou d'Dépenses courantes nach em 6% an d'Luucht gaange sinn, erëm eng Kéier bei engem reale Wuesstum vun eppes méi wéi 1% héchstwahrscheinlech, an d'Kapitaldépenses am Budget em 10% erfogee si ginn, haaptsächlech d'Dotatiounen vun de Fongen.

Fir mech ass et kloer, dass spéits-tens 2006 dat ganz Kaartenhaus, wat dës CSV-DP-Majoritéit an deene leschte Joren opgebaut huet, wäert zesummebriechen, souguer wann et, wat mer all hoffen, zu engem méi soutenérierte Wuesstum ab nächstem Joer kënn. Mä och do muss mer virsichteg sinn, well ech ka mech déi Debatten erënnere, déi mer déi lescht zwee Joer haten. All Kéiers ass vun Experten a vun der Regierung gemengt ginn, et géif sech am zweete Semester vum Joer drop méi Wuesstum astellen. Et muss een also ganz virsichteg sinn, wann een esou Viraussoe mécht. Dës Kéier schéngen d'Indikatore méi daitlech ze si wéi dat d'lescht Joer em dës Zäit de Fall war. Et ass och gutt esou.

Mir wëssen awer, dass dat sech am Statsbudget eréischt mat enger Differenz vun zwee, dräi Joer bemierkbar mécht, esou wéi mer eigentlech och d'Krisensituatioun eréischt mat zwee, dräi Joer Differenz am Statsbudget spieren. Dat fir d'éischt ganz daitlech am Budget 2004, mä et wäert nach méi staark kommen 2005 an 2006. Ech kommen herno do nach op konkret Zuelen zrëck.

Mir sinn also der Meinung, dass d'Regierung mat dësem Budget keng verantwortlech Haltung anhélt, net esou séier wat d'Zuelen ubelaangt, déi dra stinn, dat ass eent, virun allem wéi se dat Ganzt elo presentéiert, sechs Méint virun deenen nächste Chamber- an Europawahlen.

Ech gi souguer esou wäit ze soen, dass d'Regierung weineng Courage weist, eng feig Haltung anhëlt. Si sicht den einfachste Wee, de Wee vum geréngste Widerstand. Hei gétt versicht iwwert d'Ronnen ze kommen, an ech ginn dem Här Weiler Recht, dës Budget hält d'Strooss bis zu de Wahlen mat Sécherheet. Och nach sécherlech kuerz no de Wahlen, mä ech fäerten dann ass et eriwwer.

An ech wëll och hei en Zitat uféieren. Den Här Weiler zitéiert jo léiwer den Här Castegnaro wéi d'Cour des Comptes, an ech verstinn dat selbstverständlech. Jiddereen huet déi Quellen, déi him wichteg schéngen.

(Hilarité)

Ech wëllt hei d'Cour des Comptes zitéieren, wat eng Institutioun zu Lëtzebuerg ass. Den Här Castegnaro schéngt och iergendwéi eng ze sinn, mä ech hale mech do awer un d'Finanzspezialiste vun der Cour des Comptes, déi den Optrag vun der Chamber kritt hunn an déi deen, mengen ech, och ganz seriö ausféieren.

D'Cour des Comptes huet, wat d'Entwécklung vun den Dépenses courantes ugeet, gesot: «La Cour est d'avis qu'une hausse de plus de 10% des dépenses courantes projetées pour 2004 par rapport aux dépenses courantes effectives de 2002 n'est pas synonyme de stricte discipline budgétaire». Pang, eng an d'Gesicht fir de Minister, deen net midd gétt zënter Joren ze soen, d'Regierung géif eng strikt Discipline budgétaire maachen. D'Cour des Comptes seet just de Contraire vun deem, wat de Minister schonn d'lescht Joer gesot huet an och dëst Joer regelméisseg seet.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Ech géing just wëllen...

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären...

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, ech kréien d'Wuert net.

Dat ass de Sozialbudget, deen natierlech wisst, well d'Consommationsdépense si par rapport zum PIB bliwwen, an duerfir muss ee soen, ob een domat d'accord ass oder net.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här Minister, Dir kritt jo nach Zäit herno in extenso op all déi Interventiounen ze äntwerten. Ech wëll virufueren.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Et ass vill ze äntwerten iwwert d'Investitionsausgaben, wou dat natierlech falsch ass, wat Der gesot hutt.

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech géif an Ärer Plaz de Mond net esou voll huelen, mir kommen nach op konkret Zuelen ze schwätzen, notamment déi, déi Dir op Bréssel ginn hutt an déi ni diskutéiert ginn hei zu Lëtzebuerg. Et kann ee sech froe firwat. Mir wäerten déi Diskussioun elo féieren, mä et ass erstaunlech, dass an offizielle Stellungnahme vun der Regierung ni gesot ginn ass, wat da fir 2005 a fir 2006 kënn. Dat ass u Bréssel.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Liest meng Ried vun der leschter Woch no, Här Bodry.

M. Alex Bodry (LSAP). - Do steet näischt Konkretes dran.

Wat mer opgefall ass, dat ass, dass vun der Majoritéit e ganz drollegen Exercice gemaach gëtt, an zwar dee fir ze vergläichen, wat war déi Period virdrun a wat war dës Period, wou jo eng Partei d'Particularitéit huet, dass se d'Responsabilitéit hat déi lescht Period an dës Period. Dofir ass et jo e bëssen drolleg, dass besonnesch vun där Faarf déi dote Vergläicher gemaach ginn. Mä wann ee se mécht, da muss ee se ganz maachen, se éierlech maachen, an et muss een déi richteg Statistiken erunzéien a keng verfälschte Statistiken.

Mir haten an de Joren 1999 an 2000 e Wuesstum hei zu Lëtzebuerg vu 7,8 respektiv 9,1%. Op wat ass dat zréckzeféieren? Ass dat zréckzeféieren op déi Politik, déi zënter dem August 1999 gemaach ginn ass vun dëser Regierung? Wann een éierlech ass, ass dat net de Fall. Dat ass d'Resultat vun deem, wat an den 90er Jore geschitt ass. D'Regierung huet 1999 de Budget esou ausgefouert wéi e gestëmmt ginn ass vun der Majoritéit virdrun. Do ass net een Diddelchen dru geknerrt ginn. Liest Äre Budget 2000 no, wat do vu grouse politeschen Akzenter dran ass, besonnesch fir d'Wirtschaft unzekerbelen. Do ass nix dran. Wann een dee Verglach do mécht, da muss ee soen, dass wéi et nach an der Statskeess geklingelt huet, dat d'Répercussione si vun den 90er Joren an net vun deem, wat an dëser Period konkret politesch vun Akzenter, vun Initiative geholl gi wär.

A wann een d'Reserven uféiert a vergläicht wat Enn leschter Period war an Enn dëser Period ass, dann därerf een net vergiessen, dass Plus-valuë vum Joer 1999, déi voll zur leschter Period gëllen, an de Statistiken drollegerweis sech erëm fannen am Joer 2001. Wann een also do vergläicht, wat vergläichbar ass, wann een net Äppel mat Bire vergläicht, da muss een déi Statistike réajustéieren, an alles wat d'Joer 1999 betrëfft muss ee réévaluéieren, an dat, wat 2001 ugeet, muss een erëm eng Kéier no ënne corrigéieren, an da gesäit

een, dass de Verglach fir dës Regierung guer net esou positiv ass, wéi se dat mat onkomplette Statistike wëllt beweisen.

Ech wëll net laang drop agoen, mä Fraktiounspräsident Jeannot Krecké huet dat gemaach, wat d'Position vu Lëtzebuerg an Europa ugeet. Do si mer eis eens. Et brauch een nëmmen déi offiziell Statistiken ze kucken, déi regelméisseg vun europäesche Stellen oder vun anere Wirtschaftsraim publizéiert ginn, da stellt ee fest, dass Lëtzebuerg nach un der Spëtzt war viru fënnf Joer, elo an der Regel an d'Mëttelfeld erfogee ass an heiansdo souguer als Schlusslicht erëmzefannen ass.

Lëtzebuerg ass Mëttelmooss ginn an deene leschte Joren. Dat ass e Fakt u deem een net verbäikënn. A wann de Premier a senger Interventioun zum Budget seet an ervirstäicht, dass zu Lëtzebuerg awer ëmmerhin de Wirtschaftswuesstum trotz enger schwiereger Situatioun nach duebel esou héich wär wéi an der Europäescher Unioun, dann huet e leider nëmmen d'Statistike gekuckt fir 2003. Mir diskutéieren awer hei iwwert de Budgetsprojekt 2004, an et muss ee kucken, wat dann déi offiziell europäesch Statistike soe fir 2004. An do soe se fir d'EU en duerchschnëttleche Wuesstum vun 1,92%. D'Regierung geet no enger Korrektur no ënnen, déi se huet misse maachen, hoergenee vun deemselwechte Wuesstum fir Lëtzebuerg aus. Dat heescht, wann déi Statistike stëmmen, ass Lëtzebuerg 2004 Mëttelwäert just nach, an net duebel esou gutt wéi déi aner, wéi de Premier hei duerch eng falsch Referenz wollt gleewen doen a senger Interventioun.

An ech fannen et e bëssen traureg, dass een eigentlech op esou Artificé muss zréckgräifen als Premierminister fir eng Situatioun an engem méi gënschtege Liicht erschéngen ze loosse, wéi se eigentlech statistesch sech ergëtt.

Natierlech, do wou mer am positive Sënn gutt leien, nach wie vor gutt leien, dat ass bei der Verschönerungscapacitéit. Dat gestinn ech an. Mä bal bei alle Parametere si mer méi schlecht ginn, an oft souguer daitlech méi schlecht. Ech wëll awer net nach besonnesch op déi a mengen Aen dramatesch Situatioun um Aarbechtsmaart zréckkommen, déi och net wäert stoe bleiwen, déi no alle Viraussetzungen 2004 a wa méiglech och 2005 sech nach wäert no uewe bewegen. Mir leien haut scho bei iwwer 11.000. Iwwer 11.000, déi Zuel muss ee sech trotzdem eng Kéier virun Aen halen! 11.000 Leit op engem Koup, déi hei zu Lëtzebuerg no Aarbecht sichen a keng Aarbecht fannen. A wann d'Virauschaue richteg sinn, wäerte mer am Hierscht vum nächste Joer iwwer 12.000 leien. Dat ass en absoluten traurege Rekord an der méi noer Geschicht hei zu Lëtzebuerg.

Mir sinn d'lescht Joer kritiséiert ginn, och ganz vill, wéi mir gesot hunn, d'Regierung misst emol d'Problemer vun haut probéieren ze cernéieren an ze léisen anstatt ze kucke wat 2050 ass. Ech menge mir hu Recht kritt, mir hu Recht kritt mat deem heite Budget, mat deem Kommentar vun deem heite Budget, well kloer gëtt, dass d'Regierung versicht Zäit ze gewanne bis no de Wahlen, dass d'Regierung versicht ze berouegen, anzuschleiere bis no de Wahlen, dass d'Regierung och trickst fir d'Einnahmen an d'Ausgaben eenegermoossen am Gläichgewicht ze halen, elo am Budgetsprojekt 2004, an dann emol kuckt wat geschitt 2005 an 2006.

Wat mir vermësse vun der Regierung, an dat ass awer eigentlech dat fir dat se gewielt a fir dat se bezuelt gëtt: Mir vermëssen, dass d'Regierung d'Wourecht seet, déi ganz Wourecht, net nëmmen deen Deel, deen hir fir de Moment an de Krom passt. Mir vermëssen, dass dës Regierung net nëmme rheto-

resch flott Spréch an d'Welt setzt, mä dass se eng kloer Sprooch benotzt, eng kloer Sprooch fir dem Land ze soe wéi mir do stinn a wat sech an deenen nächste Jore muss bewegen, muss änneren, fir dass mer an Zukunft och nach schnell do stinn. Mir hätten also gär den déi ganz Wourecht, ongeschminkt, ouni Pirouetten, dofir ass eigentlech eng Regierung do, an deem doten Optrétt ass dës Regierung a kengem Mooss gerecht ginn.

D'Fro ass gestallt ginn: Ass dat heien e Wahlbudget oder ass et keen? Ech géif soen, et ass e Wahlbudget vun enger anerer Zort. Et sinn emol vläicht Budgete ginn, wou eng Koalitioun wollt weisen duerch Punkten an hirem Budget, fir d'Wahljoer, dass se an eenzelnen Domänen aktiv gétt. Där sinn der och sécherlech hei e puer dran a si si relativ guut verstoppt, muss ech soen. Mä dëst ass a mengen Aen e Wahlbudget vun enger anerer Qualitéit, an deem Sënn dass hei eigentlech haaptsächlech cachéiert gétt, dass et zu enger Problemverlagerung kënnt an dass - an dat ass e bëssen e Spigelbild vun der Politik vun deene leschte véier an en halleft Joer - och net nëmmen am Usaz iergendwéi eng strukturell Reform an deem Budgetsprojert hei ugedeit gétt. Et schéngt mer wéi wann no där Ofstrofung, déi verschidde Parteien deelweis no de leschte Wähle kritt hunn, no enger Strukturreform, déi een hätt vläicht kënnen anescht upaken, déi awer den Usproch hat, eng Strukturreform ze sinn am Pensiounswiesen, dass der politescher Klass, a besonnesch dës Koalitioun total de Courage ausgaangen ass, nach u Strukturen rütteln ze goen. Et léisst een et emol léiwer esou lafen, a wann d'Kand dann am Pëtzt läit, da maache mer eppes. Ech kommen herno nach op déi e bëssen eegenaarteg Haltung zrëck, déi sech och am Premierminister senger Ried hei erëmgespigelgt huet.

Dofir wollt ech e puer Froe stellen un d'Regierung. Well d'Regierungsvertreieder, déi sech zum Budget geäussert hunn, jo och gewarnt hunn. Si hu jo net nëmmen alles versicht positiv a roseg duerzestellen, ze soen, d'Land ass a gudden Hänn, berouegt lech, wielt eis weider. Si hunn och gläichzäitig eigentlech - fréier hätt een dat als Doppelstrategie bezeechent - gewarnt. D'Akzentverleegung war natierlech op dem Berouegen an d'Warnunge sinn eigentlech a Schachtelsätz ënnergaangen, an och a ganz niewelhafter Formulatiounen.

Wat heescht et zum Beispill, wann de Premierminister a senger leschter Ried, an en huet dat schonn an deene leschte Joren e puer Mol gemaach, Décisiounen vum Rentendësch an e kritescht Licht stellt an ëmmer erëm drop hiweist, dass déi Wuesstumsprognos vu 4%, wou den Szenario vum BIT opgebaut war, dee schlussendlech zrëckbehale gi war fir d'Décisiounen vum Rentendësch, dass mer wäit ënnert deem Szenario géife leien? Wat heescht dat an der nächster Wahlperiod, wann et drëm geet, déi aktuell Berechnungen erëm ze iwwerpräiwen an ze kucke wéi mer do stinn? Et gétt eppes an d'Welt gesat, et gétt eppes ugedeit, an da kënnt näischt méi no. Sou wäit geet de Courage un der Spëtzt vun dëser Regierung. Et kann ee sech ausmolen, wéi et mam Rescht vun der Regierung ass.

Wat heescht et wann de Budgetsminister och an der Ried d'lescht Joer zu dësem Budgetsprojert beedeitungsschweier orakelt, et misst opgrond vun der Wirtschafts- a Finanzlag zu engem kuerz- a mëttelfristegen Émdenke kommen? Wat heescht dat? Wat wëllt d'Regierung, wat bezweckt se? Wat huet se eventuell preparéiert, wat geet hir duerch de Kapp wa se esou orakelt hei an der Chamber? Ass dat d'Aufgab vun der Regierung, fir esou vague Undeitung en ze maa-

chen, oder misst se net soe wat ass? Misst se net de Wee ugin, anstatt ze soen, et muss een nodenken an deenen nächste Joren, mä op jidde Fall net elo, net virun de Wahlen. Ech mengen dass d'Opinion publique e Recht huet gewuer ze ginn, wéi mir do stinn an alle Beräicher, e Recht op déi ganz Wourecht huet: Eng Opération vérité muss an der Politik stattfannen.

Wat huet Lëtzebuerg ze erwaarden 2005 an 2006? Dat deit d'Regierung méi wéi an alle Rieden hei zu Lëtzebuerg an engem Dokument un, wat se gezwongenerweis muss all Joer virun Enn November op Bréssel schécken, un d'Kommissioun, et ass d'Aktualisatioun vum Stabilitéits- a Wuesstumsplang vun Europa. An dës Regierung - ech wëll net esou grausam sinn ze kucke wéi sech dat ëmmer verännert huet, vun Aktualisatioun zu Aktualisatioun, mä ech kann lech soen, dee leschte Programme de stabilité, dee se elo geschéckt huet, huet näischt méi ze di mat deem, dee se am Joer 2000 op Bréssel geschéckt huet. Et ass en Ennerscheed wéi Dag an Nuecht.

De Rapporteur schwätzt a sengem Rapport vun enger neier Ära déi géif zu Lëtzebuerg ubriechen. Vläch seet en eis um Enn vun dësen Debatte wat déi Ära eigentlech ass. Ech konnt et net erauslesen, weder a sengem schréfflechen nach a sengem mündlechen Rapport. Ass et d'Ära vun der strukturellen Defiziter? Ass et d'Ära vun den Investitiounsfongen ouni Reserven, ass et d'Ära vun deem sou genannten Émdenken an der Sozialpolitik, dat de Budgetsminister ugedeit huet?

Et ass och gesot ginn, dës Budget 2004 war en Iwwergangsbudget. Zu wat? Iwwergang zu enger neier Regierung vläch, Iwwergang zu enger neier Politik. Och do kréie mer keng Äntwerte vun der Regierung. Et ass och gesot ginn, erëm esou eng schéi Formule, déi sech ausgeduecht ginn ass, mir géifen elo an d'Normalitéit zrëckkommen. Wat heescht dat, Normalitéit? Wouranner besteet déi Normalitéit? Ass dat e Wuesstum vun 1% an der Moyenne, wat déi normal Situatioun ënnert dëser Regierung war, ass dat d'Normalitéit vu virdrun, e Wuesstum vu 5% a méi, wat d'Situatioun vun der viregter Legislaturperiod war, oder ass et e Wuesstum vun 2 bis 3% wéi elo gemengt gétt dass sech kéint an deenen nächste Joren entwéckelen?

Mir wëssen awer och wat dat heescht. Wa mir nëmmen e Wuesstum vun 2 bis 3% hätten, mir wäre frou wa mir elo dat schonn hätten, da steigt d'Aarbechtslosenzuel weider hei zu Lëtzebuerg un, da brénge mir et net fäerdeg, een eenzege Chômeur ze resorbéieren. An et geet och net duer, dass face vun esou enger dramatescher Entwécklung um Aarbechtsmaart dann de Premier heihinner kënnt a seet, si géingen nei iwwert déi dote Fro nodenken. Dat ass dach näischt wat elo iwwert d'Land ewechgebrach ass. Déi doten Entwécklung, déi gétt zënter laangem vun de Spezialiste vum Arbeitsamt a vum Statec ugedeit, an do hätt scho preventiv misse geschafft ginn.

Ech wëll, fir nach eng Kéier op déi onbeäntwert Froen, déi Undeitung vun der Regierung zrëckzekommen, och nach eng Kéier den Här Frieden hei zitieren, erëm eng Kéier, wat de Sozialberäich ugeet, wou sech elo vun der Regierung op d'Schëller geklappt gétt - si kréien och vun aneren op d'Schëller geklappt -, fir ze soen: An dësem Budget touchéiere mir net un dat Sozialt. Mä wat seet de Minister Frieden op eng ganz virsichteg, mä awer mengen ech hei ganz ausgeriichten Aart a Weis? Ech zitieren: „Mir mussen och de soziale Budget bereet sinn ze iwwerkucken. Et muss een ëmmer erëm sech d'Fro stellen, ob et effikass ass, ob et finanzéierbar ass.“ Do gesäit ee jo ganz kloer, wat sech preparéiert fir déi nächste Joren.

Och, wann och do dës Koalitioun kloer Äntwerte schëlleg bleift.

Ech kommen dann op d'Aktualiséierung vum Stabilitéitsprogramm ze schwätzen, engem Dokument, wat mir dës Kéier - ech hunn och drop insistéiert - nach virun den Debatten zur Verfügung gestallt kritt hunn. Normalerweis huet een dat esou am Januar, Februar dann iergendwann a senger Mailbox erëmfonnt a da konnt et also net méi an dës Debatten afléissen. An et ass awer e ganz instruktivt Dokument, wat d'Regierung do op Bréssel geschéckt huet. Virun allem ass interessant, net wat et ausseet zur Situatioun vun haut, dat deckt sech logescherweis mat deem, wat d'Regierung och ronderëm de Budgetsprojert 2004 schonn deklaréiert huet, mä hei gétt erstmoleg, net nëmme fir d'Fongen, mä och fir déi aner Dépenses an Einnahme vum Stat gesot, wat d'Regierung mengt, wat 2005 an 2006 geschitt. Dat ass bis elo nach a kenger offizieller Stellungnahm vun der Regierung gewiescht.

Ech wëll hei nëmmen e puer Zuelen uféieren, fir net déi Debatt hei mat Zuelen ze dréchen ze maachen. Den Defizit beim Statsbudget, no der europäescher Method 95 erstallt, geet vu minus 8% vum PIB erop - Den Defizit erop! - op minus 2,3% d'nächst Joer, also eng Verschlechterung vun der Situatioun. Woubäi d'Regierung jo schonn den Trick mécht, dass se d'Emprunten duerch d'Fonge maache léisst, déi sech dann net onbedéngt an der europäescher Berechnungsmethod erëmspigelen. Also trotz deenen Emprunten, déi d'Regierung elo agesat huet fir déi zwee Fonds du rail a Fonds des routes vun 150 Milliounen Euro, d'nächst Joer an déi Joren drop, geet awer den Defizit vum nächste Statsbudget - mä dovunner schwätzt keen hei vun der Regierung - weider erof vu minus 8% vum PIB op minus 2,3% vum PIB, fir dee gesamten öffentleche Sektour. Fir de gesamten öffentleche Sektour! Wann een nëmmen de Stat kuckt, da komme mir vu minus 2,3% op minus 3,6% - also wat d'Statsfinanzen eleng ugeet, wann een d'Gemengen an d'Sécurité sociale mol eraushëlt. Also eng dubel negativ Entwécklung am Joer 2005 a, wéi d'Regierung selwer och an deem Dokument beleet, och am Joer 2006.

Wat engem Angscht muss maache fir d'Opstellung vum Budget 2005, ass, dass d'Regierung an engem offiziellen Dokument dovunner ausgeet, dass déi öffentlech Einnahmen a besonnesch d'Steieren daitlech par rapport zu deem schlechte Joer 2004 nach géifen erofgoen 2005. Si ginn erof oder stagnéieren, op jidde Fall geet den Undeel vun de Steieren am PIB daitlech erof 2005: vu 45,7% op 44,9%.

D'Konsumausgaben, och dat ass interessant ze kucken, well et ass jo do, wou d'Regierung et net fäerdeg bruecht huet iergendwéi sech eng Rigueur ze ginn an dëser ganzer Legislaturperiod an esouguer an hirem leschte Budget net. Vun de Konsumausgaben, wou d'Regierung et fäerdeg bruecht huet iwwert déi lescht Jore vun 12,3% Undeel um PIB eropzegoen op 13,0%, se just ze halen 2004 op deenen 13,0%, seet si elo, déi géife 2005 op 12,8% erofgoen. Dat heescht, déi nächste Regierung muss dat maachen, wat dës Regierung net mécht, no deenen Donnéeën, déi vun der Regierung selwer geliiwert si ginn.

Grouss Suerge mécht eis - do si mir net eleng - d'Entwécklung vun der Kierperschaftssteier, an dorunner gekoppelt natierlech och d'Entwécklung vun der Gewerbesteier. Et sinn also d'Steieren, déi d'Betribler bezuelen, mat enger

staarker Tendenz no ënnen. Dramatesch, wat d'Gewerbesteier ugeet, wou een, wann een d'Zuele virun Aen huet, 2002 548,6 Milliounen Einnahmegewerbesteier hat, mat engem massive Réckgrëff op d'Steierreckstänn. 2003 sti 495 Milliounen am Budget, wou mir wëssen, dass déi dote Chifferen net wäerten erreecht ginn dëst Joer, mat nach engem massive Réckgrëff op déi okkult Reserv vun de Steierreckstänn, an 2004 mat 430 Milliounen just nach Gewerbesteier, wou d'Regierung huet scho misse ëm 10 Milliounen Euro eng Rektifikatioun no ënnen maachen. Mir perséinlech schéngt dat doten nach eng relativ optimistesche Aschtzung vun deenen doten Einnahmen, wat d'Gewerbesteier ugeet, ze sinn.

2005, dat kann een elo scho soen, wäerte mir daitlech ënner 400 Milliounen Euro Einnahme leien. An dat wäert 2006, an ech fäerten och 2007, net anescht sinn. Ech wëll soen, dass d'Acompten, déi d'Betribler bezuelen, bei enger 300 Milliounen Euro pro Joer leien, datt de Rescht also, d'Differenz dat ass, wat duerch déi effektiv Besteuerung vun deenen eenzelne Steierjoren dann dobäi kënnt, an do kënnt net méi vill bäi an deenen nächste Joren, well elo déi schlecht Jore wäerte besteiert ginn.

Iwwregens sinn och scho vill Betribler, besonnesch am Industrieberäich, mat deem Acompte op Null gesat ginn, ganz einfach well se defizitär Exercicer haten. Et kann esouguer e Phenomeen vu Remboursement spillen, dee kënnt, an eenzel Gemenge wäert sécherlech treffen, well mir kucken hei jo ëmmer de gesamte Kuch. An deem Gesamtkuch hues du nach ganz spezifesch Situatiounen vu Gemeng zu Gemeng. Dat kann an déi eng an an déi aner Richtung goen, a wann et an déi aner Richtung geet, da kann et dramatesch ginn opgrond vun deenen doten Entwécklungen, déi mir hei hunn.

Besonnesch beonrouegt muss ee sinn, well jo d'Gewerbesteier nieft der Dotatioun d'Haaptéinnahmequell vun alle Gemengen ass a well haaptsächlech awer doriwwer jo och Investissementer vun de Gemenge finanzéiert ginn, also haaptsächlech och dem Mëtzelstand hei zu Lëtzebuerg zegutt kënnt. Do muss engem besonnesch Folgendes Angscht maachen. Dat ass och net an den Dokumenter nozeliesen, mä dat weess een awer, wann een an der Finanzkommissioun war.

Éischtens déi a mengen Ae ganz folgeschwéier Ausso, déi d'Direktioun gemaach huet vun der Steierverwaltung, déi gesot huet, si wier der Meenung, dass déi lescht Reform vun der Gewerbesteier, déi 2002 gemaach ginn ass, wou haaptsächlech jo de Basistaux ëm 25% erofgesat ginn ass, sech nach guer net an den Zuele vun den Einnahmen vun der Gewerbesteier erëmspigelgt, dass elo mol nëmmen d'Ofschafe vun der Gewerbe- a Kapitalsteuer aus dem Joer 1998 sech géif an den Zuelen erëmspigelen. Dat heescht, dat déckt Enn kënnt nach, wa sech de Berechnungsmodus elo och nach voll an den Einnahmen vun der Gewerbesteier an deenen nächste Jore wäert bemierkbar maachen. An da weess ech net, ob net deen Acomptesockel vun 300 Milliounen Gewerbesteier pro Joer, nach iwwerhaupt haltbar wäert sinn iwwert déi nächste Joren ewech.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Eng ähnlech, wann och net hoerengau déiselwecht Entwécklung huet ee bei der Kollektivitéitssteuer, wou een Avancen huet vu 750 Milliounen - graff - pro Joer, an de Rescht ass dann déi konkret Besteuerung vun den eenzelnen Exercicer. Do huet d'Regierung scho misse jo och eng Rektifikatioun no ënnen maachen iwwert d'Amendementen zu hirem eegene Budgetsprojert, net zulescht och opgrond vu

Berechnungen a Bemierkungen, déi d'Cour des Comptes an hirem Avis gemaach huet.

Duerch dës réckleefeg Tendenz bei der Kierperschaftssteier a bei der Gewerbesteier kënnt et och insgesamt zu enger Verlagerung vun der Steierlaascht an deenen nächste Joren. Wann ee kuckt, wat d'Steierakommes ass, gesäit een, datt prozentual natierlech déi Steierlaascht amgaangen ass sech vun de Betribler, déi manner, heiansdo keng Steiere bezuelen, ze verlagere op Privatpersounen. Dat ass sécherlech an eisen Ae keng guut Entwécklung.

Ech wëll net och am Detail op d'Investitiounsfongen agoen. Eise Fraktiounsprésident huet dat gemaach. Ech wëll just ervirhiewen, dass de Budgetsminister - an dat kann een erstaunen - sech an enger leschter Finanzkommissiounssitzung eigentlech domadder gebretzt huet, dass d'Regierung keen eenzege Projert, dee virgesi war déi nächst Joren, gestrach huet oder och nëmmen zäitlech zrëckgestallt huet.

Ech hunn d'Aussoe vum Budgetsminister notéiert. Wann de Rapporteur mengt, dass de Budgetsminister do net déi ganz Wourecht gesot huet, da kann en dat herno hei preziséieren. Ech hunn dat notéiert, wat den Här Frieden an der Sitzung vun der Finanzkommissioun - wou den Här Loes net dobäi war, deen hei de Kapp réselt - gesot huet, an ech stinn zu mengen Noten, déi ech do geholl hunn.

(Interruptions)

An ech mengen, dass d'Regierung do falsch läit. Déi nächste Regierung - an dat soll ee soen - wäert net derlaanscht kommen, déi Investitiounsprogramme vu Grond op frësch ze kucken. Dat kann dach net esou klappen. Wat sollen déi Aussoen do vun engem Budgetsminister, deen awer d'Matière jo sécherlech muss kennen. A wann een déi Tableaue kuckt, déi d'Regierung hei presentéiert - ech muss bal schmunzelen.

■ Une voix.- Da macht et!

■ M. Alex Bodry (LSAP).- Wéi e Wonner gläiche sech d'Totaler vun den Investissementer vun alle Fongen vu Joer zu Joer. Wéi wann een dat kéint steieren. Et kann een et an den Tabelle steieren - dat mécht dës Regierung -, mä et kann een et um Terrain net steieren. Wann e Chantier bis amgaangen ass, da rullt en an da bestëmmt kee méi wéi schnell a wéi lues e geet, jiddferen ahnt, dass de Chantier schnell weider geet, an do ass näischt méi ze bremsen an näischt méi ze tasselen. Wann d'Projete bis amgaange sinn, da rulle se an da muss och bezuelt ginn. Do léist sech näischt änneren.

Hei gétt also och weiderhi getrickst an hei huet am Fong déi Opération vérité, déi mer an den Investitiounsfongen verlaangen, erëm eng Kéier net stattfonnt. Dat ass awer bal dramatesch, wann ee weess wéi enk d'Situatioun ass a wéi elo ënnert dëser Regierung déi okkult Reserven zu 100% opgebraucht ginn. Dat heescht also, dass déi Steierreckstänn déi bestinn an déi offiziell Reserven an de Fongen och systematesch no ënnen gedréckt ginn, sou dass Enn 2006 näischt méi do ass. A wéi da vun 2006 op 2007 - wann déi Chifferen nëmmen eenegermoosse richtig sinn - op eemol iwwer normal Dotatiounen vum Budget sollten d'Dépense vum Joer 2007 vun de Fonge bezuelt ginn, dat ass mir e Rätsel. An d'Regierung gétt natierlech och keng Äntwert op déi dote Froen.

Eng aner Entwécklung, déi mech beonrouegt an déi eigentlech vun der Orthodoxie ewech réckelt, déi ënnert deene viregte Regierungen ëmmer gegolgt huet an déi d'Regierung eigentlech offiziell no bausse an nach ëmmer affichéiert - mä si mécht awer de Contraire -, dat ass

de Fait awéiwäit Fonge kënnen Emprunten ophuelen. Jiddfer Minister, deen de Fong huet, hätt gär, dass Fongen Emprunten ophuelen. Bis elo hu mer eigentlech nëmmen zwee Fongen - an d'Regierung mécht jo Gebrauch dovunner, ech hunn och scho gesot, firwat dass se dat mécht, fir zu Bréissel besser do ze stoen -, dat sinn de Fonds du rail an de Fonds des routes, déi kënnen Emprunten ophuelen.

Oh Wonner, nach dëst Joer wäert d'Regierung hei e Projet virleëen a stëmme losse wou virgesinn ass, dass de Fonds d'équipement militaire kann op Emprunten zréckgräfen. Firwat dee Fong an net all déi aner? Op eemol war et dee Fong an net nëmmen déi zwee Fongen, déi traditionell dat konnte maachen. Mir hu keng Erklärung an der Sitzung kritt, et gëtt och menger Ansicht no keng, ausser dass dat do elo d'Regierungspolitik gëtt an no an no probéiert gëtt, iwwert deen dote Wee Emprunten ze maachen, net iwwert e klassesche Statsbudget, mä iwwert d'Fongen, an da fënnst ee se net méi an de Statistiken erëm an et kann een zu Bréissel eigentlech eng besser Situation virweise wéi se wierklech ass. Ech fannen et bedauerlech, dass d'Regierung op deen dote Wee geet. Dat ass e Broch mat där virsiichteger Politik - well déi war et -, déi déi lescht Periode gemaach ginn ass. Hei si mer amgaang eng Schleis opzemaachen, wou mer net wëssen, ob mer déi doten Entwécklung am Grëff behalen.

Ech wëll nach en anert Beispill ginn. D'Beispill vun den Observatoires. Dat ass elo deen neisten Trick, dat ass wahrscheinlech eng Bréisseler Moud déi eriwuer kënn, do ginn et jo och all méiglech Observatoires op europäeschem Plang. An elo geet et lass, all Minister soll seng Spillsaach kréien, all Minister kritt säin Observatoire. Mir hunn héieren, dass de Logementsminister säin Observatoire huet, mir hu gelies am Statsbudget, dass den Innenminister säin Observatoire du développement spatial soll kréien, a mir hunn héieren an der Ried vum Budgetminister, dass am Wirtschafts- a Finanzministère och en Observatoire besteet.

Une voix.- Et sinn der zwee!

M. Alex Bodry (LSAP).- Oder zwee. Déi sollen de Wuesstum an d'Entwécklung vun de Finanzen am A behalen. Weess nach iwwerhaapt ee wou mer histeieren? Ween huet d'Zügel do eigentlech nach am Grapp? Ween huet nach den Iwwerbléck iwwert dat, wat an de Ministère passéiert? Ech hunn den Androck, dass keen dat méi huet.

Mir brauche sécherlech e wëssenschaftlecht Institut wat d'Entwécklung vu Lëtzebuerg begleet, wat Monitoring mécht vun der Entwécklung, wat Zukunftsprojektiounen mécht. Mä mir brauchen een esou en Institut, mir brauchen der keng dräi a keng zéng, wann dat sou weider geet. A kuckt wat aner Länner maachen, déi deen dote Ruck matgemaach hunn - wéi Frankräich -, déi sinn amgaange se ze rationaliséieren a se ofzeschaffen, well se der Meenung sinn, dass dat doten näischt bréngt, dass dat dote keng rationell Organisation vun der Aarbecht ass, wann all méiglech Institut an Observatoire an Opdrag vun anere Leit déiselwecht Saache kucken a kontrolléieren.

Dofir soe mir ganz kloer jo zu engem wëssenschaftlechen Institut, wat zum Beispill am Kader vun der nohalteger Entwécklung géif de Monitoring maache wou mer zu Lëtzebuerg histeieren a kucken, wéi sinn d'Szenarie vun der Entwécklung an deenen nächste Joren, an eis och hëllefen Entscheedungen an der Politik ze huelen. Dat feelt jo eigentlech zu Lëtzebuerg. A vläicht kéint och d'Uni Lëtzebuerg dozou bäidroen, dass mer an deem dote Punkt viru kommen, mä net esou wéi dat doten,

wat d'Regierung hei amgaangen ass ze maachen, e Sammelsurium vun iergendwellechen Institut a wou kee weess wat deen anere mécht, dat sinn d'Suen zur Fënster eraus geheit.

E leschte Volet, deen ech kuerz wollt uschneiden, ass dee vun de Prioritéiten. Den Här Weiler hat d'Fro gestallt, wéi et da mat de Prioritéite war vun der Opposition. Et ass jo ëmmer méi kamoud dat ze froen, wéi ze froen, wéi gesäit et aus mat de Prioritéite vun der Regierung. Mir erënneren eis nach un dem Här Weiler säin Ausrutschter bei de leschten Debatten, wou e bei der Opzielung vun de Prioritéite vu senger Fraktioun vergiess hat d'Schoul mat ze benennen - en huet dat versicht herno erëm opzefänken.

Mä ech hunn dann awer och probéiert eraus ze fannen, wou dann d'Prioritéiten an deem Statsbudget sinn. De Budgetsminister huet jo an der Finanzkommission gesot, all Projekte géife weider lafen, si bräichten näischt ze änneren, näischt ze sträichen, näischt ze strecken, also kann een do net vu Prioritéitefestleegung schwätzen, do leeft jo alles esou wéi d'Projeten era kommen. Da brauche mer also deen dote Budget mol guer net ze kucken, well do sinn, no den eegenen Aussoe vun der Regierung, keng Prioritéiten dran.

Ech hu mech dann elo mol op de Budget konzentréiert an d'Investitionsfongen op der Säit gelooss, fir ze gesinn ob déi Domänen, wou jidferee mengen ech heibanne gesäit, dat sinn eigentlech d'Schwéierpunkten, do muss eppes an Zukunft weiderhi geschéien, och wann et méi enk gëtt, berücksichtegt ginn. Ech hunn deemools gekuckt a versicht eraus ze fannen, wéi d'Regierung dann am 2004 Budget hir eege Prioritéite berücksichtegt. D'Justiz, d'Sécherheet, eng Prioritéit vun der Regierung, déi sécherlech net falsch ass. Wat liesen ech am Commentaire zum Budgetsprojekt 2004 ënert dem Département vun der Justiz: „La hausse globale des crédits du Ministère de la Justice par rapport à 2003 est relativement modeste“. Dat ass d'Prioritéit, déi dës Regierung an deem Domän setzt. Ech gi weider, an et kënn nach e bësse méi haart. D'Santé, wou mer eis alleguerten eens waren...

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Jo, Dir musst iwwer fënnf Joer kucken! 61% méi fir Police a Justiz iwwer fënnf Joer.

M. Alex Bodry (LSAP).- Mir kucken elo emol de Budget 2004, et ass jo dat, wat ofgestëmmt gëtt, an net de Bilan vu fënnf Joer.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Neen, wann ee Chiffere kuckt, muss een natierlech iwwert eng Period kucken, a wann een dat Joer virdru ganz héich erop gaangen ass, dann ass et normal, dass een dat Joer duerno manner héich erop geet.

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech zitieren Ären eegene Commentaire.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Jo, jo, ech hunn e jo geschriwwen, dofir ass et richtig, just den Nolauschterer, déi elo zënter 50 Minutten net versti wat Der do sot, deene well ech dat verständlech maachen.

M. Alex Bodry (LSAP).- D'Santé, Här Minister, e wichtege Beräich, e Schwéierpunkt - lauschtert och gutt no, da kënn Dir lech op d'Schëller klappen. De Santébudget geet vun 2003 op 2004, bei engem Gesamtwuesstum vum Budget vun 2% - da muss ee jo soen, wat sinn dann d'Prioritéiten? - vun 114,8 op 114,3 Milliounen erof. Dat ass den Akzent, eng Prioritéit vun dëser Regierung. Den Travail, e ganz wichtege Budget, besonnesch bei dem staarken

Uwuesse vun den Aarbechtslosen, dee geet vun 139,7 op 137,6 Milliounen Euro erof. E weideren Akzent vun dëser Regierung. D'Travaux publics an d'Investissementen, wou mer gesot hunn, et ass wichtege dass mer grad elo wou et méi lues geet a wou et sech undeit, dass et erëm soll besser goen, de wirtschaftlechen Opschwung duerch Investissementen musse souteneren.

Wat liesen ech an de Regierungsdokumenten? 2002 loung deen dote Budget bei 451 Milliounen Euro, dee geet 2003 schonn eng eischeite Kéier op 418 Milliounen Euro erof, an da kënn et, 2004 320 Milliounen Euro, nach eng Kéier ëm ee Véierel vun 2003 op 2004 gekappt. Dat ass d'Prioritéit, déi dës Regierung setzt.

Den Transport, wou mer all Riede kennen, a jidderee seet, et muss eppes geschéien am Transportwesen. Do bréngt dës Regierung et och faerdeg vu 529 Milliounen Euro op 507,8 Milliounen Euro erofzegeen.

D'Schoul schlussendlech, eng positiv Entwécklung. Do geet et erop vun 692,6 op 725,3 Milliounen. Mä et muss een allerdéngs och dierfen hannerfroen, ob d'Weichstellung innerhalb vun deem Budget do déi richteg ass, an do fällt engem jo eppes awer an d'Aen. Dat ass wat d'Privatschoulen ugeet, dass d'Ausgabe vum Stat ëm 31% steige vun 2003 op 2004. Dat mécht 25 Euro pro Privatschoulschüler aus, an d'öffentlech Schoul, déi an all Rieden héich gehale gëtt, där bleiwen d'Grimmelen, déi steigt nach ëm 3,6%, ëm 2,5 Euro pro Schüler vun der öffentlecher Schoul. Dat heescht also zéngmol manner wéi dat wat pro Schüler an der Privatschoul vun dëser Regierung bäikënn an deem 2004ter Budget. Mir sinn der Meenung, dass dat déi falsch Akzenter an deem dote Beräich sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen esou lues zum Schluss. Mir sinn eis eens, dass eist Land net um Buedem läit. Mir sinn eis eens, dass mer immens Potenzial heit zu Lëtzebuerg hunn, an dee Message mengen ech ass e wichtege Message, an dee soll een och als Oppositionspartei matdroen. Et soll een net a Katastrophestëmmung verfallen, mä et soll een awer, an dat ass de Virwurf, dee mer der Regierung maachen, net de Sënn vun de Realitéite verléieren. Et soll een éierlech sinn an éierlech bleiwen, och viru Wahlen, a soe wat ass, net nëmmen elo, mä wat och déi nächst Joren ass. An do ass et jo eigentlech erstaunlech, dass bei der grousser Ried vum Premierminister zum Budget den Highlight e Communiqué vun der Firma Microsoft ass. Déi net parteigebonne Press huet doriwwer mat Recht mengen ech e bësse gewitzelt. Peinlech gëtt et dann awer, wa geschter déi zwee Haaptriedner vun CSV a Majoritéit näischt besseres woussten unzefänken, fir als Highlight vun hiren Interventionen erëm eng Kéier deeselwechten Text vu Microsoft virzeliesen, e Bëtt, dee mat 30 Leit op Lëtzebuerg schaffe kënn, wou ech net weess awéiwäit méi Ministère matgeholfen hunn dee Communiqué ze redigieren. Ech weess awer eent, dass den Zweck vun deem Communiqué jo e bestëmmte war, an dass et sécherlech net den Zweck vum Communiqué war der Öffentlechkeet dobauss matzedeelen, dass wéinst Steiervirdeeler Microsoft géif hei op Lëtzebuerg kommen, well soss war et schnell eriwuer.

Also wann ech gelift, loosst mer déi Peinlechkeeten do ewechloossen a loosst mer de Sënn fir dat Wichtege erëm eng Kéier hei an den Debatte kréien, a loosst mer vläicht, an dat

huet gefeelt bei allen Interventionen vun de Majoritéitsparteien, déi Leit, déi am Finanztechneschen Know-how hunn, déi Institutionen si wéi d'Zentralbank an d'Cour des Comptes, déi Avisen zitieren. Loosst mer dat seriö huele wat do vu Warnungen drasteet a loosst mer net maache wéi wann et dat net géif ginn.

Peinlech war - fir mech e bëssen erschreckend - eng Ausso, déi de Premier gemaach huet ganz zum Schluss vu senger Intervention zum Budget d'lescht Joer. Ech wëll en zitieren: „Et ass einfach gesot, dass wann et net zu enger daitlecher Erhuelung vun der Economie kënn, dass dat déckt Enn dann am Budget 2006 do ass, an dass mer da mussen agéieren, an dat maache mer och. A wann dat déckt Enn schonn am Joer 2004 komm war, dann hätte mer och fir d'Joer 2004 agéiert.“

Wat ass dat fir eng Mentalitéit? Wat ass dat fir eng Aart a Weis fir u Problemer erunzegen? Et gëtt vill geschwat vun Nohaltegkeet, et gëtt vill geschwat vu Précautionsprinzip. Dat do ass contraire zu alle Regele vum gesonde Mënscheverstand. Wa gesot gëtt: „gouverner, c'est prévoir“, steet d'Regierung an och e puer anerer net brillant do an dëser Period. Dat muss ee jo awer soen. Mä wann ee seet: „gouverner, c'est prévenir“, da muss ech soen ass esou eng Ausso fatal, déi de Premier hei am Numm vun der Regierung gemaach huet. Hei soll net prévenéiert ginn, hei gëtt absichtlech gewaart bis d'Kar am Dreck stécht an da gëtt gesot, elo maache mer eppes.

Wann et 2006 ass, da maache mer 2006 eppes, a wann et 2004 scho gewiescht wier, dann hätte mer eppes 2004 gemaach. Dat doten ass keng Aart a Weis fir Politik ze maachen. Dat doten ass eng Karikatur vun enger Regierungsarbecht, an déi Regierungsarbecht wäert a sechs Méint bewäert ginn, mä an Zouversiicht.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Bodry. Nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann een de Budgetsdebatte vun der leschter Woch, vu geschter Nomëtteg a vun de Moien nolauschtert, da gëtt ee sech eppes definitiv bewosst, och d'Lëtzeburger Land ass den internationale Fluktuationen vun der Economie ausgesat, an déi si momentan net an eiser Faveur. De Chômage geet bei eis an d'Luucht, de Wirtschaftswuesstum geet erof. D'Lëtzeburger Regierung huet Mesuren ergraff, engersäits d'Erofsetze vum Steiersaz, esougutt fir d'Entreprise wéi fir d'Privatleit, an op där anerer Säit hiert ganz voluntaristescht Virgoen, andeems dass se seet, dass déi öffentlech Investissementen op engem héijen Niveau sollte gehale ginn.

Mat deem Hannergrond wollt ech am Fong geholl de Budget, deen der Education nationale fir d'nächst Joer zur Verfügung gestallt gëtt, analysieren, an zwar a sechs Punkten, déi ech wëllt kuerz belichten.

1. Dës Regierung huet begraff, dass d'Ausbildung, d'Bildungspolitik insgesamt fir eist Statswiesen an och fir d'Gesellschaft extrem wichtig sinn. Dofir ass d'Bildung ee vun deene Beräicher wou ganz gestëmmt net gespuert ginn ass an deene leschte Joren a wou och fir 2004 keng Erspuernerisse wäerte gemaach ginn.

Den amendéierte Budgetsprojekt gesäit fir 2004 e Bildungsbudget vu ronn 696 Milliounen Euro vir. Dat ass par rapport zu dem Budgetsjoer 2003 eng Steigerung vu 34 Milliounen Euro, well fir 2003 war e Budget vu 662 Milliounen virgesinn. A Prozenter ausgedréckt ass dat eng Steigerung vu 5%, an déi ass scho ganz remarquabel, wann ee

weess dass déi gesamt Statsausgaben nëmmen ëm 2% klammen.

1999 hate mir eng Bildungsoffensiv ugekënnegt a fir déi ze realisieren hu mer Geld gebraucht, wat mer probéiert hunn eis zur Verfügung ze stellen. An esou ass de Budget vun der Education zënter 1999 vu ronn 520 Milliounen Euro deemools op wéi gesot 696 Milliounen Euro fir d'nächst Joer eropgaangen. Dat ass eng Steigerung vu ronn 176 Milliounen Euro, wat enger Augmentation vu 34% entsprécht. Mir hunn also am Kontext vun der Bildungsoffensiv zënter 1999 iwwer 7 Milliarden aler Frang méi an d'Education investéiert an ech mengen do schwätzen d'Chiffere schonn de Bewäis dofir, wéi wichtege d'Education nationale eis ass.

2. D'Infrastrukture si fundamental wichtig an der Education, an dofir huet dës Regierung an deene leschte Joren op zwee Gebidder agéiert, engersäits sech emol d'Moyenen zur Verfügung gestallt fir ze kucke wat fir eng Infrastrukture mer brauchen a wou mer se brauchen. An ech schwätzen domat de Plan sectoriel „Lycées“ un. Et gesäit een elo de ganz kloer Bewäis, dass dës Regierung dee Plan sectoriel ëmsetzt, well viru gutt 14 Deeg hu mer eestëmmeg heibannen de Réidener Lycée mat sengem Internat gestëmmt. An ech hu mer soe gelooss, dass fir d'nächst Woch zwee aner Bauteprojeten aus dem Schoulbetrib op dem Ordre du jour virgesi sinn, nämlech engersäits de Lycée Vau-ban an op där anerer Säit de Lycée zu Esch/Lallange. E kloer Bewäis dofir, dass also d'Regierung virun an d'Infrastrukturen an der Schoul investéiert, an ech wëllt drun erënneren, dass och dës Investissementen zu deenen öffentlechen Investissementen gehéieren, wou mer der Meenung sinn, dass déi eiser Economie zegutt kommen.

3. Wann een iwwer Infrastrukture schwätzt, muss ee sech och bewosst sinn, dass een dofir Léierpersonal brauch. Fir dann an der logescher Konsequenz vun den Investitiounen an deenen neie Schoulen ze bleiwen, brauche mer also Léierpersonal, a beim Léierpersonal ass keen Astellungsstopp festgehal ginn. An deem Beräich hu mer eis engersäits legislativ Mesuren zur Verfügung gestallt, an op där anerer Säit schaffe mer och un de Chifferen, fir eis neit Léierpersonal ze genehmegen.

Legal Moyenen, ech erënneren drun, dass eng zweet Sessioun vum Examen concours agefouert ginn ass an dass d'Reform als solch vum Examensconcours a sech reforméiert ginn ass.

De Fënnfjoresplang op där anerer Säit, deen ausgeschafft ginn ass fir ze élaborieren, wéi vill neit Léierpersonal mer an deenen nächste Jore brauchen, gëtt mam Budget 2004 kengesweegs a Fro gestallt.

A mir hunn insgesamt am Primaire an am Secondaire an de Schouljoren 1999/2000 bis 2003/2004 805 nei - ech ënnersträichen dat - nei Enseignanten agestell. Dat entsprécht enger Augmentation vum Léierpersonal par rapport vun 1999 vu 15%. Natierlech dierfen déi Efforten dann och elo net ophalen an dofir ass an deem neie Fënnfjoresplang zréckbehal ginn, dass all Joer fënnf Enseignante méi agestell ginn. Am Joer 2003/2004 bedeit dat d'Astelle vun 175 neien Enseignanten a bis zum Joer 2007/2008 sinn et der 195; also och an deem Beräich gëtt e fundamentale wichtege Effort gemaach.

4. Eis Prinzipie vu Chancëgläicheit an Integratioun ginn och mat deem neie Budget 2004 net a Fro gestallt. An deem Beräich ass scho vill geschitt: adaptéiert Programmer, nei Approche wat den Enseignement vun de Sproochen ugeet - ech erënneren, dass zu Lëtzebuerg elo ewell vun der Spillschoul u probéiert gëtt fir ze enseignieren, Däitsch gëtt als Friemsprooch enseignéiert, etc. etc. -, d'Atéie-

rung vum Teamteaching vun de Cycles d'apprentissage, den Enseignement fondamental, d'Nohëllefstonnen, d'Reform vum SRÉA, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen.

An erlaabt mer, ech wollt hei just eng Klammer opmaachen. Dës Deegs sinn ech ugeschwat ginn op eng Problematik, déi ech hei wëllt ënnersträichen. Mir hunn eng nei Zensur ausgeschafft, déi et erméiglecht, dass och d'Eltere méi genau kënnen begräifen, a wat fir engem Beräich hiert Kand sech erëm fënn. An do krut ech dann dës Deegs ze héieren, neierdëngs géifen et jo och Punkten op der Schönschrift ginn. Also ech wollt lech soen, wann Dir sou Gespréicher héiert, leet Äre Kapp a Rou, dat ass kengerleesäits iergendwou virgesinn an esou eng Instruktoun steet och net am Budget.

(Interruption)

Ech wollt et och dofir hei an der Klammer enimmen, Här Gibéryen. Dofir, elo Klammer zou, also wéi gesot, leet bei sou Aussoen Äre Kapp a Rou, deem entsprécht näischt.

D'Integratioun vun alle Kanner läit eis op alle Fall virun um Härz an ech erënneren drun, dass mer hei viru 14 Deeg an der Chamber eng interessant Debatt haten, iwwert d'Integratioun vun de behënnerte Matmënschen am Allgemengen an der Gesellschaft. Mä och an der Schoul hu si hir Roll ze spillen an an deem Zesummenhang wëllt ech emol eng Käier ënnersträichen, dass mer am Fong geholl an deem Sënn, mat ronn 1% Kanner déi a speziell Infrastrukturen ënnerbruecht ginn, nach Spëtzerleiter sinn an déi mannste Kanner hunn, déi net an engem reguläre Schoulbetrib sinn. 1.000 behënnert Kanner ginn an eisem Land an den normale Schoulbetrib a kréien do speziell Stonne vum SRÉA offréiert, déi hinnen et och erlaben am normale Schoulbetrib ze bleiwen. A wéi wichteg, dass eis och d'Éducation différenciée am Budget ass, gesäit een, wann een de Budget analyséiert. Well d'Dépense fir de Service vun der Éducation différenciée gi vun 29,5 Milliounen Euro erop op 30,8 Milliounen Euro. Also och hei gesäit een, dass dës Regierung Akzenter setzt.

5. D'Éducationnspolitik ass am Fong geholl ëmmer e Prozess. Bei Mesuren, déi een opëhlt, muss een heiansdo feststellen, dass se ganz séier iwwerlieft sinn, anerer si méi lues iwwerlieft, mä nach muss ee sech bewosst sinn, dass d'Éducation sech ëmmer an ëmmer erëm muss a Fro stellen an dass se sech ëmmer an ëmmer erëm op déi nei Erausforderungen, op déi se stéisst, muss astellen. Dës Verännerunge sinn ënner anerem op déi sozial Changementer zréck ze féiere wéi d'Familljestrukturen zum Beispill, déi aneschtens ginn, d'Migratioun vun den Aarbechtskräften, den Aarbechtsmarché dee sech ännert, stänneg Bewegung an deene Beräicher, mä awer och op d'Entwécklungen an der Wëssenschaft an déi nei Technologien.

An hei wëll ech ënnersträichen, dass an deene leschte Joren, an och nom Budgetsjoer 2004, nach ëmmer ganz Efforte virgesi sinn. Sou ass et elo zum Beispill esou, dass mer pro sechs Kanner ee PC an eise Schoulen hunn, an ech mengen et ass fir d'Kanner fundamental wichtig, dass si mat deenen neien Technologiesmethode kënnen ëmgoen. D'Computere ginn net agefouert an der Schoul als Selbstzweck, mä einfach fir de Kanner am Fong geholl eng nei Kommunikatiounsmethod zur Verfügung ze stellen.

An ee Projet, deen an eiser Region leeft, nämlech am LEADER-Gebitt Klierf a Veianen, dee wëllt ech elo hei besonnesch eraussträichen, dat ass den norTIC-Projet, deen et deene Primärschoulen do uewen erlaabt, sech ënnerteneen ze vernetzen. An ech mengen, dat ass e wichtige Projet, dee mer

awer ouni déi materiell an déi mënschlech Hëllef vun der Éducation nationale net hätte kënnen ëmsetzen a vun deem mir eis als Gemengen douewen alleguerte ganz vill versprechen.

6. Ech menge wann een eis Ekonomie elo kuckt, da kënn eng Erausforderung ëmmer méi a mat ëmmer méi Insistenz op d'Éducation nationale zou - an déi kënn elo iwwerhaapt op eis Lëtzebuerger ëmmer méi mat Insistenz zou an déi muss eis elo a Fleesch an a Blut iwwergoen -, an dat ass de Besoin, d'Noutwendegkeet an d'Promotioun vun der Formation continue a vum Lifelong-learning.

D'Aarbechtslosegkeet hei am Land ass mat 4% well extrem héich. Dat ware mir an deene leschte Joren a Jorzéngten iwwerhaapt net méi gewinnt. A bei de Chômeure fällt engem dann op, dass d'Zuel vun deenen ënner 35-Jähregen an deenen iwwer 50-Jähregen, déi keng Schaff hunn, an d'Luucht gaangen ass.

Eng gutt Ausbildung ass wichteg, fir besser Chancen um Aarbechtsmarché ze hunn. D'Ausbildung, souwuel an der Schoul wéi op der Uni, mä duerno och an dem Lifelong-learning-Zyklus oder an der Formation continue, ass extrem wichteg. An ëmsou méi héich d'Humankapital ass, wat een als Einzelne matbréngt, ëmsou méi Chancen huet ee fir um Aarbechtsmarché eng Plaz ze fannen, a virun allem, an deenen Zäiten déi elo sinn, fir seng Plaz ze behalen. An dofir musse mer onbedéngt sueren, dass d'Formation continue an der Zukunft nach méi Spillraum kritt, a virun allem dass et och einfach usus gëtt, dass een op déi Méiglechkeet zréckgräift.

An ech menge wann ee kuckt, wéi vill Succès dass de Centre de Langues, wou d'Inscriptiounen konstant an d'Luucht ginn, déi se an deene leschte Jore krut, da stellt ee scho mat Satisfaktioun fest, dass de Besoin an d'Erkenntnis, wéi wichteg dass d'Formation continue hei am Land ass, erkannt ass, mä si muss trotz allem nach ëmmer verdéift ginn. A budgetär gesi wëll ech dann ënnersträichen, dass och déi budgetär Mëttelen an d'Luucht gaange sinn, an zwar vu 6,5 Milliounen Euro op 7,1 Milliounen Euro.

Dat waren déi puer Elementer, déi ech aus der Éducation nationale wollt ervirsträichen, fir lech ze weisen wéi intensiv dass d'Éducationnspolitik bei dëser Regierung verfolgegt gëtt a wéi se och speziell op déi eenzel Besoinen ageet.

An Dir erlaabt, dass ech, mengen ech, dem Alex Bodry seng Meinung vu virausser, wou e mengt, déi Ausrichtung vun deene ville Suen, déi mir zur Verfügung gestallt kriteren, déi wären net richtig, elo an en anert Liicht gesat hunn an ech kéint och mat dëse Wieder schléissen, andeems dass ech de Plenum invitéieren de Budget fir 2004 ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Madame Durd. Den nächste Riedner ass den Här Jean Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci, Här President.

Nodeems gëschter mäi Fraktiounspresident, den Här Gast Gibéryen, an engere excellenter Plaidoirie bewisen huet, verschide Mësstänn vun dësem Trickinicki-Budget beleeht huet, ...

M. Niki Bettendorf (DP).- Elo sidd Der schonn erëm amgaange mech ze attackéieren.

Une voix.- Här President, et huet näischt mat lech ze dinn.

M. Jean Colombero (ADR).- ...ass et elo u mengem Tour, Här President, fir hei och d'Gesond-

heetswiesen ze belichten. Mir kennen alleguerten dat Spréchwuert «mens sana in corpore sano».

M. Jos Scheuer (LSAP).- Dat ass falsch, d'Spréchwuert ass «orandum est ut sit mens sana in corpore sano». An der Iwwersetzung: „et ass wëschenswäert, datt e gesonde Geescht an engem gesonde Kierper wunnt“. Et ass also e Wonsch, e fromme Wonsch.

M. Jean Colombero (ADR).- Et ass e fromme Wonsch.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Et ass ganz oft net de Fall.

(Interruptions)

Une voix.- Merci, Här Scheuer.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci, Här Scheuer, fir déi Prezisioun. Op jidde Fall, «mens sana in corpore sano», dat heescht ee gesonde Geescht an engem gesonde Kierper. Dat ass wouer. An ëmgedrëint ass et och wouer, dass wann de Kierper net gesond ass, dann ass eise Geescht och net gesond. An ech menge mir hunn an dëser Gesellschaft hei ganz vill Leit déi ënner Stress leiden, ganz vill Leit déi am permanenten Zäitdruck sinn, sief et an der Schoul, sief et op der Aarbecht, a mir kënnen deene Leit net vill Qualitéit garantéieren. Keng Qualitéit heescht manner Produktivitéit.

Or, bei dëser Budgetsdebatt ass säitens vum Budgetminister dat Wuert Qualitéit zitëiert ginn an hien huet gesot, datt d'Regierung stets beméit war an ass, fir de Leit eng besser Qualitéit ze garantéieren. Wat huet den Här Frieden wuel mat dësem Begrëff gemengt? Huet hie vläicht un de fräie Samschdeg geduecht, dee jo agefouert gouf, fir all déi gestresste Schoulakteuren ze entlaaschten, gekoppelt mat der Obligatioun, datt d'Elteren déi aner Deeg an der Woch mat hire Kanner bis spéit owes léiere mussen? Huet hie vläicht un d'Mammerent geduecht - déi zousätzlech 3.000 Frang, déi enger Fra et erlaben en neie Pullover ze kafen -, wëssend datt iwwer 6.000 Frae keng Mammerent kréien an datt munch Fraen, 17 Méint nodeems dëst Gesetz a Kraaft getrueden ass, hir Rent nach net kritt hunn, well d'Computeren hei a Lëtzebuerg ze vill lues schaffen? An ech erënneren un d'Wierder vum Här Gibéryen vu gëschter: Mir wäerten dës CSV-Regierung joen, mir wäerten dru bleiwen, bis all Mamm hei am Lëtzebuerger Land hir Mammerent wäert kréien.

Huet den Här Budgetminister vläicht un den Defizit vun de Krankekeese geduecht, deen am leschte Moment ofgewiert gouf an dem Bierger dobaussen et erlaabt huet fir keng weider Cotisatiounen a keng weider Participatiounen ze bezuelen, wëssend dass d'Pensionsreserven ugekraazt goufen an e Renteklau am private Secteur agelaut ginn ass? Nujee, et ass schwéier ze soen, wat den Här Frieden mat deem Begrëff Qualitéit gemengt huet. Ech gleewen an ech sinn dovun iwwerzeegt, dass hie mam Wuert Qualitéit net gemengt huet, dass eis Jugendlech duerch den Drogekonsum an hirem Tripp eng méi schéi Welt gesinn, eng qualitativ méi flott Welt, wëssend dass Lëtzebuerg bei den Drogekonsumente proportional gesinn un der Spëtzt vun der EU läit.

Hien huet sécherlech och net gemengt, dass, well de Wunnungsraum ëmmer méi knapp soll ginn, d'Leit, déi hei baue wëllen, vum Innenminister net méi zougestane kréie fir en eegene Gaart ze hunn, wëssend dass e schéine Gaart scho vill dozou bäigedroen huet fir d'Entspannung vu ville gestresste Leit ze förderen. Wéi hie vu Quali-

téit geschwat huet, huet en och net de Stau gemengt an déi laang Waardezäit am Verkéier, déi Dag fir Dag verluer geet, wann e Bierger op seng Aarbecht geet. Et ass schwéier fir nozevollzéien, bei enger Onmass vu Beispiller, déi ech hei weinst Zäitmangel net alleguerten opziele kann, wat de Budgetminister mam Wuert Qualitéit gemengt huet.

Ech wëllt awer nach e lescht Beispill zitëiere fir dëse Begrëff vun der Trickinicki-Qualitéit ze definéieren. Mengt den Här Frieden mat Qualitéit vläicht déi Tatsaach, dass, wann eng Persoun krank gëtt a wa se net méi kann doheem behandelt ginn, si dann de Privileg huet fir um Kierchbiere oder zu Ettelbréck an engem véierstärengen Hotel sech hospitaliséieren ze loossen, mat enger privater Toilette, enger privater Dusch an enger privater Televisioun? Dat ass ouni Zweifel e Kritär vun engem héije Qualitéitsstandard, a wann den Här Frieden dës Qualitéit gemengt huet, dann huet hien effektiv gutt geschwat. An dësem Beräich si mir déi Allerschéinst an déi Allerbescht.

Dem ADR seng Léift fir den Här Frieden hält awer hei op. Wann e kranke Patient mat iergendengem Tumor sechs bis aacht Woche muss waarde fir op Esch ze kommen, an den nationale Radiotherapiecenter, dat ass u sech e Skandal. Dee ganzen Zauber vun deem véierstärengen Hotel notzt dem Patient an deem Moment guer net. Hie muss kucken, dass hien op seng eegen Initiativ an d'Ausland kënn fir sech behandeln ze loossen, an Urgence, an do sinn d'Waardezäiten nëmmen eng bis zwou Wochen.

Här President, dës Regierung huet eng komesch Opfaassung wat d'Gesondheet vun de Bierger hei am Land ubelaangt. Mir wëssen, dass 45% vun de Jugendlechen tëschent 15 a 24 Joer fëmmt, de Risiko fir Kriibs ze kréien ass eent zu dräi, de Budget gesäit 60.000 Euro vir. Als Sensibilisatiounscampagne fir den Aids zum Beispill sinn 88.000 Euro virgesinn, als Sensibilisatiounscampagne, obschonns hei manner Leit mam Aids betraff si wéi mam Kriibs. Op där anerer Säit gëtt dee Budget och doduerch équilibréiert, dass 24 Milliounen Euro méi un Tubaksteiere wéi am Joer 2003 akasséiert ginn. Mir hu fir de Moment e Budget vu 57 Milliounen Euro un Akzisen op den Zigaretten. Hei ass et evident, dass a puncto Preventioun net vill ënnerholl wäert gi fir Krankheeten - an deem Fall fir Kriibs - ze verhënnere. Wou géif d'Regierung déi feelend Recette da wuel anzéien? Vläch och duerch de weidere Renteklau bei der Privatpensionskeess.

Datselwecht gëlt fir d'Akzisen um Alkohol, eng weider staatlech erlaabten Drog. Well déi néideg budgetär Moyene feelen, huet d'Gesondheet bei dëser Regierung keng Prioritéit. D'Preventioun ass e Friemwuert an esou geféierlech an och esouguer geféierlech fir eis Statsfinanzen. Eng besser Preventioun heescht eng méi grouss Liewenserwaardung. Eng méi grouss Liewenserwaardung heescht vill méi laang Pensiounen ausbezuelen. Ass dat vläch de sprangende Punkt, firwat dass d'Preventioun hei am Land nach an de Kanner-schong stieche bleift? Ass et dofir firwat den Här Budgetminister viru véier Joer gesot huet, et kéint een net fir alles e Fong opmaachen, an dofir huet en e Fong fir Preventivmedezin refuséiert. Et kann dach net sinn, dass an de Käpp vun eisen CSV-Politiker esou schlecht Gedanken zirkuléieren! Dat wär kriminell, oder hätt ech mech geiert?

(Interruption)

Loges wär et, wann dës Akzisen, déi vum Tubak, vum Alkohol kommen an och déi vum Benzin hirstamen, Benzin, deen och Gesondheetsschied provoziere kann, ouni vun der Naturbelaaschtung wëllen ze schwätzen, direkt an d'Kran-

keeess géife fléissen oder e Preventiounsfong géife speisen, esou wéi et momentan a Frankräich ass. Dat géif méi zur Logik an zur Transparenz bäidroen. Leider demonstrieréiert dës Regierung, dass déi zwee Begrëffer Transparenz a Logik net an hirem Dictionnaire age-droe sinn. Firwat feelen dës Logik an dës Transparenz, Här Budgetminister? Dës Regierung versicht fir um Bockel vun de kranke Leit hir finanziell Problemer ze léisen.

Ech behaupten esouguer, wann d'Drogen hei am Land legaliséiert géife ginn - an hei am Parlament besti Stréimungen, déi versichen, fir fir d'éischt déi douce Drogen, de Cannabis, ze legaliséieren, an duerno, wann déi legaliséiert sinn, da kommen déi aner Drogen no. An ech behaupten, wann déi Drogen hei legaliséiert sinn, da gesäit d'Regierung och do eng nei Einnahmequell a si geet Akzisen an Taxen drop ophiewen.

(Interruption)

Net méi spéit, Här Rippinger, wéi déi lescht Woch ass hei am Parlament e Gesetz iwwert genmanipuléiert Produkter, déi hei am Land ugebaut kënnen ginn, gestëmmt ginn, dat och an deem Sënn fir méi Recetten ze kréien.

Dës Regierung huet eng Sucht, si schafft nom Prinzip vum „amène“. Dat huet näischt mam Amen am Gebiet ze dinn, dat kënn vum Verb amener, herbeibringen, „amène“. Egal wéi „amène“, d'Haaptsaach de Budget Trickinicki muss opgoen, ouni sech ëm d'Gesondheet vun de Leit ze bekëmmere. Bei enger eventueller Krankheet si si jo a gudden Hänn a si kënnen an engem véierstärengen Hotel ënnerkommen, an eng véierstäreng Klinik kommen. An dës Kliniken ass permanent Héichkonjunktur. Paradoxeerweis stiert dës Phenomeen awer d'Regierung guer net. Schliesslech ass den Assuré schëlleg: Well deen ze vill Medikamenter zou sech hält, well en ze vill vum Krankeschäi profitéiert, well d'Dokteren en ze vill schnelle Bic hunn an d'Medikamenter am Kilo ver-schreien oder Krankeschäiner mat der Géisskan ausstellen.

Déi Eenzeg, déi net schëlleg ass, ass eis brav a schéi Regierung, déi amplaz eng effikass Gesondheetspolitik ze förderen, zum Notze vun enger nohalteger Politik am Beräich vun der Famill, am Beräich vun der Wirtschaft, am Beräich vun der Aarbecht, ee Bock nom aneren ofschéisst: 130 Milliounen Renteklau fir d'Krankekeess ze entlaaschten, eelef Milliounen Bedruch un d'Fleegeversécherung. De Budget vun der Santé geet an dësem Joer 2004 erof. Kee verlaangt, Här President, vun dëser Regierung, dass si iwwert hiren eegene Schiet spréngt. Dat ass onméiglech. Mä de Fait, dass de Schiet vun dëser Regierung iwwert hiren eegene Kapp spréngt, dat ass einfach wahnsinneg.

(Interruption)

Dës Regierung hat véier Joer laang Starallüren. Iwwerall huet si posant wéi gutt datt si wär; leider muss si elo sech en donkle Brëll opsetzen, fir datt nëmme kee se duerchkucke kann. Dës Regierung huet mat hira amateurhafter Attitud am Budget vum Gesondheitsweise versot fir nei Akzenter ze setzen. Mir als ADR erstellen der Regierung an dësem Beräich eng Null. Wéi seet d'Spréchwuert: „Alles auf der Welt ist eine zukünftige Anti-quität“, dat ass och wouer fir dës CSV-DP-Regierung.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Colombero (ADR).- A spéitstens den 13. Juni 2004 wäert dëst Spréchwuert sech erfüllen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président. - Här Colombera, merci. No lech kënn den nächste Riedner, dat ass den Här Marcel Sauber. Här Sauber, Dir hutt d'Wuert.

M. Marcel Sauber (CSV). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Kader vun de Budgetdiskussiounen just den Deelberäich vum Mëttelstand hei traitéieren, woubäi ech da wäert versichen, déi Redité mat anere Spriecher vum Mëttelstand net nach eng Kéier hei ze widderhuelen.

Une voix. - Dat wäert schwéier ginn.

M. Marcel Sauber (CSV). - Oh, et bleift awer genuch dran. An der Mëttelstandskommissioun vun der Chamber ass de Budget gekuckt ginn an d'Kommissioun huet och global fonnt, datt déi Beträg, déi ageschriwwen sinn am Budget fir de Mëttelstand, géingen duergoe fir eben de Programm, dee virläit, fir déi Budgetsposten, déi do sinn, ze erfüllen.

Ech wëll een hei besonnesch ervirsträichen, dat ass dee vun der Promotion professionnelle des secteurs relevant du Ministère des Classes moyennes, an zwar aus zwee Grënn. Deen éischte Grond, well de Betrag nun emol relativ héich ass, an zweetens well d'Progressioun och an d'A stécht vis-à-vis vun der normaler Progressioun vum Budget. Mir hunn hei mat engem globale Betrag ze doe vu ronn 143 Milliounen an eng Progressioun vun 11%. Et geet hei ëm d'Kreditter, déi déi zwou Kammere kréien, d'Handelskammer an d'Handwierskammer, fir hir besonnesch Servicer, déi se leeschten, just an der Recherche fir de Mëttelstand, d'Fuerschung, awer och d'Informatiounen, technesch, wirtschaftlech an am finanzielle Beräich, d'Berodung vun den Handwierker a vun de Commerçanten, an dann haaptsächlech och d'Weiderbildungscoursen, déi ganz wichteg sinn am Mëttelstand an déi och ganz staark besicht ginn.

Dat Geld, wat hei zur Verfügung gesat gëtt, ass also eng Hëllef zur Selbsthëllef, wéi dat esou schéin heescht, an et ass gutt agesat, an ech sinn der Meenung, datt och an Zukunft d'Tendenz op dësem Gebitt roueg kënn steigend sinn. Dat ass och gutt esou, datt déi Suen dohinner fléissen. Emol scho well d'Berufsorganisationen am beschte gestallt si fir d'Problematik ze kenne vun deene Leit déi an dëse Secteure schaffen. Zweetens, well se selwer an der Responsabilitéit mat dra sinn, an drëttsen awer och, well dem Secteur vun de Classes moyennes am Rumm vun der Gesamtpolitik nun eben eng ganz besonnesch Roll zoufält, an dat net nëmmen a Krisenzäit, mä permanent. D'Mëttelstandspolitik ass net nëmmen en Deel vun der Wirtschaftspolitik. D'Mëttelstandspolitik ass Aarbechtsmaartpolitik, et ass Sozialpolitik, et ass Integrationspolitik, et ass Ausbildung, et ass Etablissement, et ass Finanzpolitik a Steuerpolitik, et ass Wettbewerbspolitik, awer och Regionalpolitik, Landesplanung an Ëmwelt. An anere Wieder: Mëttelstandspolitik ass nun emol Gesellschaftspolitik.

Wéi soll eis Gesellschaft vu muer ausgesinn? Generell gëtt jo gesot, datt eis Wirtschaft eng offe Wirtschaft ass, eng Wirtschaft, déi op d'Ausland ausgeriicht ass, eng Wirtschaft, déi och auslandsofhängig ass, atypesch an deem Sënn, datt mer hei méi Export hunn, atypesch awer och am Import. Zweifellos spillen d'Industrie an d'Banken eng grouss Roll an dësem Kontext. Wichteg ass awer och, datt just grad niewent dem industriellen an Déngschtleeschungssektor Banken déi hauseege Wirtschaft och wirtschaftspolitesch a sozialpolitesch am A gefaasst bleift, dat heescht de Mëttelstand.

An dat mécht och dës Regierung, dat mécht och dëse Mëttelstandsminister, a fir d'CSV ass de Mëttelstand eng Stärkt vun der Wirtschaft an net eng Schwächt. Dofir och eng konsequent Mëttelstandspolitik iwwer Joren eraus mat engem Resultat wat sech weise léisst.

Si mir eis bewosst, datt haut schonn all zweete Berufsstäateges praktesch an engem mëttelstännegem Betrieb schafft? Wa mer schwätze mir hätten esou vill Chômage, wësse mer oder si mer eis bewosst, datt trotz der Wirtschaftstagnatioun am Joer 2002/2003 d'Zuel vun de Beschäftegten am Mëttelstand an d'Luucht gaangen ass? Eleng am Handwierk sinn iwwer 2.000 nei zousätzlech Aarbechtsplaze kreéiert ginn. Wa mer eis dann der Stärkt an der Roll vun de klengen Mëttelbetriber an eiser Gesellschaft bewosst sinn, da muss een och konsequent duerfirsuergen, datt d'Ëmfeld, esou wäit wéi d'Politik dat Ëmfeld ka beaflossen, och stëmmt, datt dës Betriber sech grënne kënnen, datt se sech ausbreede kënnen, weiderentwéckele kënnen a permanent upasse kënnen. D'Rahmbedéngungen müssen also stëmme fir datt mer op e staarke Mëttelstand kommen, deen eiser Gesamteconomie schlussendlech zegutt kënn.

An dëse Kontext setzen ech och den Zéngpunktprogramm vum Mëttelstandsminister Fernand Boden. Heiriwwer ass esou munches gesot ginn. Verschidden zousätzlech Iddien a positiv Iwwerleeungen si mat abruucht ginn. Dat net nëmmen, awer haaptsächlech duerch de Budgetsrapporteur, de Kollege Jean-Marie Halsdorf, deem ech hei nach wëll merci soen a félicitéiere fir säi gutt fondéierte mëndlechen a schrëftleche Bericht. Villes ass erreecht ginn an deem Zéngpunktprogramm, an esou munches steet och nach an der Schlussphas. Den Droit d'établissement beispillsweis, d'Loi-cadre. Och iwwert d'Faillitë sinn nei Iwwerleeungen mat erakomm vum Rapporteur a vun aneren. Den Inventaire iwwregens iwwert den Zéngpunktprogramm gëtt regelméisseg publizéiert vum Ministre des Classes moyennes an dem Rapport annuel.

Déijéineg, déi verschiddentlech awer behaupten, do géing nach esou munches opstoen, déi hunn och Recht. Recht jo, awer net Recht esou wéi si et mengen. Den Zéngpunktprogramm ass eng Zilsetzung, déi ausgeschafft ginn ass tëschent de Mëttelstandsvereinigungen an dem Mëttelstandsminister, dat heescht der Regierung, am Dialog, am permanenten Dialog, am Konsens, dat heescht et ass eng permanent Upassung un d'Situatiounen déi dauernd wiesselen dobaussen. Wirtschaft ass nun emol Dynamik, an den Zéngpunktprogramm ass och Dynamik. Dat ass Upassung. Mat dem Resultat, datt esou munches konnt erreecht ginn, datt Neies awer och derbäikënn, mä den Titel dee bleift. Well en ebe just grad déi zéng Haaptakzenter vun enger Mëttelstandspolitik ëmmer erëm nei ëmraisst.

Wesentlech ass zweifellos am steuerleche Beräich geschitt. D'Akommessteuer, d'Gewerbesteuer, ech mengen dat ass bekannt. Mir wësse wou mer ausgaange sinn, mir fuere jo elo no enger längerer Zäit vu 50% praktesch elo op 31%, wat eng Baisse ass vu 40% vun de Steieren. Dat war och gutt esou an déi kommen och am richtige Moment. D'Förderungspolitik, déi agesat ginn ass vun der Regierung fir de Mëttelstand, léisst sech europawäit weisen. Ech hunn do emol déi eng oder aner Ziffer méi genee ënnert d'Lupp geholl. An zwar wann ech d'Loi-cadre kucken iwwert déi lescht fënnf Joer vun 1998 bis 2002, da sinn 2.650 Demanden do eragaangen iwwert en Investissement vun 22 Milliarde Lëtzebuerger Frang. Hëllef sinn accordéiert gi während där doter Zäit vun 1,6 Milliarde Frang fir Zënsvorbélegungen. Derbäi kom-

men dann nach Kapitalsubventiounen vun enger halwer Milliard Frang.

Dat heescht pro Joer eng Moyenne vu 500 bis 600 Dossieren, mat enger Moyenne vu 4,5 Milliarden, wou awer am Joer 2003, wou et jo vill méi lues dobausse scho gaangen ass, den Invest sech op 6,5 Milliarden Lëtzebuerger Frang beleeft. Ech mengen dat sinn Zifferen, déi een och emol soll, a vill méi oft misst, an de Raum setzen am Verglach zu aneren Investissementen, déi zweifellos och wichteg sinn. Bei dësen Zifferen kënn dann nach de Crédit d'équipement derbäi an och de Prêt de démarrage. Bon, déi Zifferen déi beweisen, oder si schwätzen emol am beschte fir sech, mä si beweisen awer och, datt de Mëttelstand massiv investéiert, datt de Mëttelstand op d'Zukunft setzt, datt de Mëttelstand Aarbechtsplaze schafft an datt de Mëttelstand Vertrauen an d'Rahmenbedingungen huet an an déijéineg, déi dofir verantwortlech zeechnen, dat heescht an de Mëttelstandsminister an d'Regierung.

D'Classes moyennes hunn an deene leschten zéng Joer ronn 28.000 zousätzlech Plaze geschaf. Déi Förderungsmaassnahmen, déi mir elo hunn, déi solle menger Meenung no schonn am richtige Wee viru lafen, mä vläicht kann ee se och nei iwwerdenken an zousätzlech nei Iddie mat abréngen. Sou kann ee sech d'Fro stellen, ob dee Prêt de démarrage, deen dann elo viru kuerzem verabschitt ginn ass, net awer um halwe Wee stoe bliwwen ass. Vun der Iddi hier fannen ech e gutt, mä am Detail hanken nach eng Partie Problemer dran, déi menger Meenung no an e globale Kontext vun der Förderungspolitik musse gesat ginn. An do misst nach e bëssen nogefeilt ginn, haaptsächlech wat den Zënssouss ubelaangt, dee menger Meenung no net dierft iwwert deejéineg vum Crédit d'équipement eraus goen.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Wann ech da weider an d'Finanzlandschaft kucke muss ech feststellen, dass do och esou zimlech alles a Bewegung ass: d'Zesummenschluss vun de Banken an dann awer och d'Decisionszentren vun de Banken, déi am Ausland leien an ëmmer méi an d'Ausland verluecht ginn. D'national Politik vun de Banke gëtt deemnächst nach méi staark vun auslänneschen Zentren orientéiert an dobäi kommen dann d'Auswierkunge vu Basel 2. Basel 2 si jo am Resumé Richtlinn fir d'Banken, déi ënner anerem d'Ofsicherung vun de Kreditter méi wäit wëlle pousséieren, déi de Risikofaktor bei de Banke bei de Kreditgeschäfter also erofsetze sollen.

Sou wäit sou gutt, awer d'Auswierkunge vun deene Kritäre riskéiere sech haaptsächlech bei de Kleng- a Mëttelbetriber erëm ze fannen, well eben d'Gestioun vun deenen Dossieren, wat d'Kreditter ubelaangt, vill méi komplizéiert ass, vill méi schwéier ass, vill méi Aarbechtsintensiv ass an eng ganz Partie Problemer mat sech bréngt. Et si just grad déi dote Betriber déi riskéieren an d'Situatioun ze kommen, dass se net méi genügend Garantien hu fir hir Kreditter kënnen ofzedeecken.

Wéi sollen da schlussendlech an Zukunft déi Betriber Investissementer vu véier bis fënnf Milliarden an der Moyenne, déi am Mëttelstand gemaach ginn, finanzéieren, wann net méi genügend Garantien unerkannt ginn? Well do kënn jo elo d'Brësseler Kommissioun dobäi - an dat ass praktesch den drëtten Faktor -, déi drop auswierkt, dass an der neier Loi-cadre déi Cautionnementssuen, déi virgesi ware fir d'Mutualitéite vum Handwierk a vum Handel,

deemnächst verbuede sinn, sou dass déi doten zwou Institutiounen dann do och net kënnen als Garantiestell aklammen.

Dat heescht mir sinn deemnächst mat engem dräifache Problem konfrontéiert:

1. d'Restrictioun vun de Cautionnementen oder d'Cautionnements-méiglechkeete bei de Mutualitéiten, respektiv bei de Banken;
2. d'Kreditrestrictiounen vun de Finanzinstituter; an
3. e Prêt de démarrage, deen nach kéint weider ausgebaut sinn.

Doraus wëll ech d'Konklusioun zéien oder mol d'Propositioun maachen, ob et net noutwendeg wär, just grad d'Missioun vun der nationaler Kreditinstitutioun SNCI nei ze iwwerdenken, an zwar dass si duerch verschidden Neiorientéierungen als Zousazinstrument vun der Mëttelstandspolitik an Zukunft och den Ufuhrerunge vun de Kleng- a Mëttelbetriber méi wäit entgéint komme kann. Eng Mëttelstandsbank am wäite Sënn vum Wuert hu mer hei zu Lëtzebuerg net. Firwat soll dann net d'SNCI méi staark als wirtschaftspolitesch soziaalt an Aarbechtsmaartpolitesch Instrument kënnen agesat ginn? Firwat och net deelweis als Mëttelstandsbank supplétiv zu deenen anere Banken? Firwat soll net duerch d'Kollekt vu Risikokapital bei de Kleng- a Grousspuer versicht ginn, d'Kapital vun der SNCI opzestocken, iwwert deene dote Wee nei Suen eran ze kréien a mat der Garantie vum Stat an d'Wirtschaft kënnen unzeleeën?

Bei der Mëttelstandspolitik ass awer och ze kucken, ob déi nei Reglementéierung mat de Kleng- a Mëttelbetriber verträglech sinn. Hei besteet zweifellos nach Nachholbedarf, do muss een nach méi konsequent virgoe wéi dat de Moment bis elo de Fall ass.

D'Politik ass awer och d'Konscht vum Ofweien. An an dësem Kontext wëll ech mol d'Fro an de Raum setzen, ob déi Décisiounen oder déi Propositionen, déi viru kuerzem an der Tripartite geholl gi sinn, an d'Richtung dass deemnächst solle sechswöcheg Lounvorschläge fir sämtlech Beschäftegter an de Betriber gellen, mëttelstandsfrëndlech a Beschäftigungsfördernd sinn? Ech ginn zou, dass dat do an dësem Fall keng Décisioun ass, mä eng Propositioun déi analyséiert soll ginn; se ass zwar elo scho ganz oft dobaussen als Acquis duergestallt ginn.

Mä loosse mer emol bei der Propositioun bleiwen. An do wëll ech awer vläicht déi eng oder déi aner Iddi mat afléisse loossen. Mir hunn éischten emol zur Zäit eng interprofessionell Finanzsolidaritéit an der Unioun vun de Krankekeesen - dat net nëmmen eleng per saldo, mä awer och tëschent de Beruflgruppen. Zweetens, duerch dës Solidaritéit ergëtt sech eng Streeung vum Risiko iwwert déi eenzel Betriber. Drëttsen hu mer och deementspriedend eng méi breet Streeung vun de Käschen. Véiertens ass et dann awer och esou, dass duerch d'Afféierung vun enger sechswöcheger Lounvorschlagung déi Betriber, déi méi am Aarbechterverhältnis operéieren, riskéieren déi bestoend Solidaritéit wesentlech gestéiert ze gesinn, an dat also haaptsächlech zum No-deel vun de Betriber mat den Aarbechter, awer och vun deene Betriber, déi duerch d'Natur vun hirer Aarbecht vun engem gréisseren Aarbechtsausfall duerch Krankheet betraff sinn, also net wéi aner Betriber, déi weéneger un äusserem Afloss leiden.

Zum Beispill am Bau- an Ausbauhandwierk, wou mer ëmmerhi 40.000 Persounen schaffen hunn, wou awer och 90% dovun Aarbechter sinn. Besonnesch awer wäert dat doten déi kleng Betriber an d'Mëttelbetriber empfindlech treffen, déi iwwerhaapt net vill Leit beschäftegen, awer haaptsächlech Aarbechter beschäftegen an

déi am Endprodukt de gréissten Deel Aarbechtsintensiv Käschen dran hunn; do bréngt dat doten e wesentleche Problem mat sech.

Wéi sollen déi Betriber eng korrekt Präisberechnung an Zukunft nach kënnen maachen, wou een deem Käscheffaktor do praktesch guer net méi ka Rechnung droe a wou keng Risikostreeung méi méiglech ass? Kënnen - dat ass d'Fro -, duerch d'Baisse vun de Cotisatiounen, déi Käsche von der Prise en charge vun deene sechs Wochen ausgeglaach ginn? Dat ass d'spréngend Fro an dorops soll dann och déi Etüd äntwerten an dat Ergebnis soll, menger Meenung no, offen an net nëmmen eleng makroekonomesch diskutéiert oder ausgeschafft ginn.

Ech wënschen op jidde Fall, dass fir dës Zukunftsiwwerleeungen déi Leit, déi do matschaffen, Sachkenntnis am Krankekeesewiesen hunn, dass se Fachkenntnis am Betriebswesen an an der Wirtschaft y compris am Mëttelstand hunn an haaptsächlech dass se eng gléckleche Hand hunn an, wann et si muss, nei Virschléi kënnen mat op den Dësch bréngen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass hei och vill iwwert d'Investitiounsfonge beim Stat geschwat ginn an et ass och vill duerwer gefachsimpelt ginn. Wat mech am meeschte beandrockt huet, dat war, wann ee versicht huet sech hei op dësem Pult elo drai Joer zrëck ze setzen an dann d'Zukunft vun haut nach eng Kéier viraus ze soen; quitte dass dat eng Contradictioun ass, mä dat ass awer sou gelaf.

Vergiesse mer trotzdeem net, dass no den elementare Prinzipie vun enger antizyklescher Wirtschaftspolitik et nun eemol esou ass, dass a gudder Konjunkturzeit soll Geld op d'Säit geluecht ginn, dass een eben an der Period wou et méi lues geet Geld huet fir anzewierken; dat ass och hei geschitt. D'Baubranche - 40.000 Beschäftegter - ass op jidde Fall emol frou, dass an deene Fonds d'Investissement sou grouss Reserven dra sinn, dass eben elo nach kann en héije Stand vun Travaux publics garantéiert ginn. D'ganz Wirtschaft ass frou driwwer, dass déi virsiichteg Finanz- a Reservepolitik, respektiv Scholdpolitik vun der Regierung bedriwwen ginn ass. Se ass och frou driwwer, dass ee bei Bedarf och nach kann op d'Méiglechkeet vum Emprunt zrëckgräife fir laangfristeg Investissementer ze finanzéieren.

Meng lescht Iwwerleeung, dat soll dann déi sinn iwwert de Chômage. De Chômage dee wiesst - wat bedauerlech ass. De Chômage ass net noutgedrungen eng Begleitscheinung vum Strukturwandel, mä eng Konsequenz dovun. Esou munnech Initiative sinn op deem dote Gebitt geholl ginn, fir datt mer d'Chômeuren an déi Leit, déi eng Plaz sichen, ënnerdaach kréien an de Betriber, mat méi oder weéneger Erfolg.

Déi Beschäftigungsinitiativen - et ass iwwregens e Wuert, dat ech guer net gär hunn, Beschäftigungsinitiativ; eng Aarbecht ass net eng Beschäftegung -, mä déi Beschäftigungsinitiative kënnen zweifellos och positiv sinn. Si kënnen sënnavoll sinn. All Aarbecht huet hire Wäert, an dat däerf net ënnerschätzt ginn. Mä si musse schlussendlech awer derzou féieren, datt déi Leit och aus deenen Initiativen erauskommen an datt se eng Aarbechtsplaz fannen. Wann ech mer dann d'Zifferen vum Mëttelstand nach eng Kéier, fir de Parallell erëm zrëckzeziehen an de Mëttelstand, zucken an ech soe mer dann, datt all Betriebsgrënner praktesch potenziell nei Aarbechtsplaze ka kreéieren, wann ech da soen, datt all Kleng- a Mëttelbetriber an der Moyenne zéng Leit beschäftegt, an ech kucke meng 14.000 Betriber aus dem Mëttelstand, an ech kucken d'Wuessen an deene leschten zéng Joer, plus 28.000 nei Aarbechtsplazen, dat lescht Joer plus

2.800 Aarbechtsplazen, da stellen ech mer vir, datt wann ee 50% vun deene Betriber do motivéiert kréich fir ee weider anzestellen, da wär kee méi do.

Och wa mer et nëmme géinge fäerdeg bréngen, e Véirel vun deene Betriber do ze motivéiere fir een anzestellen, da wär och kee Problem méi vum Chômage do. A mir hätte gläichzäiteg awer och sozial-a wirtschaftspolitesch eppes erreecht, an déi Leit hätten eng seriö Ausbildung an enner Emstänn en interessanten Job. Déi Beschäftigungsinitiativen, déi kaschten en Heedegeld. Deelweis maache se de Betriber och nach Konkurrenz, mä dat stéiert mech hei am mannschten. Mä dat Geld kennt wahrscheinlech och aneschtens ugeluecht ginn an Zesummenaarbecht mat de Berufsorganisationen, just grad vun de mëttelstännege Betriber, fir ze kucken ob een do net nei Weeër ka sichen, nei Piste kann exploréieren, just grad fir déi Leit, amplaz an enger Beschäftigungsinitiativ, da méi wäit an d'Betribswiesen eranzekréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mech haut elo bewosst op den Aspekt vum Budget limitéiert, deem d'Classes moyennes concernéiert. Doriwwer eraus wëll ech awer soen, datt ech dee Budget, esou wéi e virläit a senger Globalitéit, menger Meinung no, an an deem Kader vun der Wirtschaftslag wou mer sinn, gutt fannen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

M. Marco Schroell (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 66,5 Milliounen Euro, dat ass déi Zomm, déi am Budget 2004 eleng fir de Gesondheitsministère virgesi gouf. Dat sinn insgesamt 3,5 Milliounen méi wéi am Budget d'lescht Joer festgehal goufen. Allgemeng kann ee soen, datt mer mat deem Budget an der Kontinuitéit leien an datt domadder de politeschen Orientatiounen am Gesondheitsberäich hei am Land Rechnung gedroe gëtt. Mat deem Budget kann d'Gesondheitspolitik vun deser Regierung nach verstärkt ginn.

D'Schweierpunkte vun deser Politik sinn nach wie vor déi, déi an der Regierungserklärung 1999 opgezeechent goufen: Dat ass e qualitéitsorientéierte Spidolssecteur, eng effikass Preventivmedezin, en héich qualifizéierte Personnel médical, paramédical a soignant, en Ausbau vun der Palliativmedezin, eng kohärent Drogopolitik an esou weider.

Här President, de Fonds des investissements hospitaliers gëtt dëst Joer mat 37 Milliounen Euro alimentéiert, esou datt dëse mat insgesamt 203 Milliounen Euro wäert dotéiert sinn. Aus deem Fonds, dee geschaf gouf fir et dem Stat ze erméiglechen, senge finanziellen Engagementen, wat d'Bauprojekten an d'Modernisierungsprojekten am Spidolsberäich betrëfft, nozekommen, si fir d'Joer 2004 Dépenses an der Héicht vun 147 Milliounen Euro virgesinn. Heivu concernéiert si par ordre décroissant fir d'Joer 2004: dat neit Spidol zu Ettelbréck mat 35 Milliounen Euro, de CHL mat 25 Milliounen, de Reha-zenter mat 20 Milliounen, d'Spidol um Kierchbiere mat 18,5 Milliounen, d'Klinik Dr Bohler mat 8 Milliounen, d'Escher Spidol mat 7 Milliounen, d'Eecher Klinik mat 6 Milliounen, den INCCI mat 5, de Centre Baclesse mat 5, d'Spidol St-Joseph zu Wolz mat 4,5, de CHNP zu Ettelbréck mat 4, d'Spidol Marie-Astrid zu Déifferdeng an d'Zitaklinik an der Stad mat jeeeweils 3,5, d'Spidol zu Diddeleng mat 1,5 an d'Ste-Marie zu Esch mat enger halwer Millioun Euro.

Ech erënneren och an deem Kontext un d'Finanzierungsgesetz vum 18. Juli 2003, dat eng éischt Serie Verbesserung vum Finanzierungs-gesetz vum 21. Juni 1999 virgesäit, an deem de Stat d'Méiglechkeet kritt, d'Modernisierung vum eise Spidolsinfrastrukturen zu 80% matzefinanzéieren. Déi aner 20% gi bekanntlech zu Laaschte vun der Union des Caisses de Maladie (UCM). Dëst neit Finanzierungs-gesetz huet sech als néideg erweisen, nodeem sech no an no erausgestallt hat, datt d'Estimatioune vum 1999 - deemools ware 25 Milliarden al Frangen, also bal 620 Milliounen Euro votéiert ginn - wat d'Investissementen an de Spidolsinfrastrukture betrëfft net realistes a vill ze niddreg ausgefall waren. Dëst notament well d'Devisen an d'Pläng fir déi insgesamt 15 Projeten net genuch ausgeschafft waren, well verschidden Équipementen net virgesi waren, awer och well nei Besoinen a Contrainten entstane sinn.

D'Gesetz, dat mer am Juni hei gestëmmt hunn, hat also als Objektiv, dës Situatioun der Realitéit unzepassen, andeems d'Zommen, déi de Stat débloquéiert fir d'Modernisation vum eise Spideeler, eropgesat ginn. Insgesamt si fënnf verschidden Établissementen betraff: de CHL a virun allem d'Modernisierung vu senger Kannerklinik, d'Häerzfondatioun, déi Eecher Klinik an den Neibau vun der Klinik Dr Bohler um Kierchbiere, esou wéi d'Extensiou vum Centre national de radiothérapie François Baclesse.

Här President, de leschte Spidolsplang aus dem Joer 2001, deem

dës Regierung elaboréiert hat, konnt endlech de Realitéite Rechnung droen an huet déi reell Besoin vum Spidolswiesen erkannt. D'Finanzierungsgesetz ginn der Regierung d'Méiglechkeet, hire Spidolsplang konkret an d'Praxis ëmzesetzen. Deemnächst wäert hei an der Chamber de Projet de loi 5212, deem eng zweet Serie vun Adaptatiounen virgesäit, zur Debatt stoen. Heivu wäerte profitéieren den Hôpital François-Elisabeth um Kierchbiere, dat neit Spidol zu Ettelbréck an de Centre national de rééducation fonctionnelle et de réadaptation um Kierchbiere, dat heescht de Rehazenter.

An nach e weidert Finanzierungs-gesetz ass virgesinn. Dës drëtt Adaptatioun wäert ënnert anerem d'Klinik vu Wolz, d'Klinik Ste-Marie zu Esch an eng Extensiou vun der Häerzfondatioun concernéieren. Net ze vergiessen däerf een de Projet de loi 5195, deem de Bau vum engem neie Laboratoire national de Santé zu Diddeleng fir e Montant vun 88 Milliounen Euro virgesäit, e Projet, deem d'nächst Woch hei dem Plenum virleie wäert.

Här President, all dës héich Investissementen sinn noutwendeg gi fir deem dach substantielle Retard, dee sech a puncto modern Spidolsinfrastrukturen an deene leschten 20 Joer accumuléiert huet, wettzemaachen. E Land wéi Lëtzebuerg ka sech esou e flagrante Investitiionsstopp an Zukunft net méi erlaben, an d'Spidolsinfrastrukturen däerfen op kee Fall méi an deem Mooss vernoléisseg ginn. Hei muss och an Zukunft eng progressiv Modernisation vum eise Kliniken a Spideeler en Objektiv bleiwen, soss riskéiere mer alt nees eng Kéier dem Zuch nozelafen. Et wär falsch fir elo eis Spidolsinfrastrukturen déi nächst 20 Joer erëm dohikrängelen ze loosse fir da mus-sen en Diagnostik ze stellen, deem op e moribunden Zoustand géif schléissen an dee mat massive Finanzspréizen nees misst behuewe ginn. Esou eng Approche ass ouni Zweifel net déi vun deser CSV-DP-Regierung.

Modern Infrastrukturen droen ouni Zweifel zu engem qualitativ héichwäerteg Gesondheitswiese bei. Heivunner profitéieren natierlech d'Patienten, deenen eng besser Prise en charge ka garantéiert ginn. D'Dokteren an déi aner Gesondheitsberuffer kënnen enner optimiséierten Aarbechtsbedingung sech besser ëm hir Patienté këmmeren. Ervirsträiche muss een am Budget 2004 ebenfalls de Kredit vu bal zwou Milliounen Euro ënnert dem Libellé „Service médical d'urgence et de garde, service des urgences néonatales, service de permanence et de garde des hôpitaux“. Dat entsprécht enger Steigerung vun net wéineger wéi 205%

par rapport zum leschte Joer. Dëst ass op eng Adaptatioun, déi éischt zënter 1989, vum Service médical d'urgence op de reelle Coût vun deem Service am Kader vun där neier Konventioun mat der AMMD zréckzeféieren. Hei bedeelegt sech de Stat un engem Service public, deem d'Doktere 24 Stonnen op 24 ubidden.

Vill Wäert gëtt weiderhin op d'Qualifikatioun an d'Formation vum Personnel médical, paramédical a soignant geluecht. D'Formation médicale continue gëtt an Zukunft nach weider ausgebaut, nodeems dëst Joer eng Konventioun mat der Société des sciences médicales ënnerschrifwe gouf fir eng Koordinatiounsstruktur op d'Been ze setzen. An enger zweeter Etapp gëtt dann deem individuelle Suivi an d'Hand geholl. Et ass evident, datt hautdesdaags, wou d'Medezin konstant Fortschréiter mécht, eis Doktere méi wéi jee „up to date“ musse bleiwen. Dat gëlt iwwerengs och fir d'Infirmiären, fir d'Ergothérapeuten, d'Kinésithérapeuten an esou weider. Ab 2004 bitt de Gesondheitsministère eng Basisformation an der Palliativmedezin un, déi vun in- an auslänneschen Experten hei am Land geleet gëtt. An deem Kontext erënneren ech un déi Basisformation an der Umweltmedezin, déi virun dräi Joer hei ugebuede gouf.

Här President, wéi gesot ass nach wie vor eng vun de Prioritéiten vun der Gesondheitspolitik vun deser Regierung d'Preventivmedezin. Hei ginn d'Efforte vun deene viregte Jore konsequent weidergefuert. Ech erënneren do un d'Efforte vun der Division de la médecine préventive et sociale aus dem Gesondheitsministère. Dës Efforte leien am Dépistage précoce notament vu Kribskrankheeten. Ech évoquéieren de Mammographieprogramm zur Detektioun vum Broschtkribs, oder d'Sensibilisationscampagné fir e fréien Dépistage vun zum Beispill dem Daarmkribs, déi an deene leschte Joren initiéiert goufen. 320.000 Euro sti fir d'Dépistageprogramm vum Kribs zur Verfügung.

Am Budget 2004 sinn eleng fir Sensibilisations- an Informatiionscampagné vu sou genannten „maladies sociales“ iwwer 400.000 Euro virgesinn. Heizou gehéieren enner anerem d'Antitubakscampagnen, d'Preventiionscampagnen zum Thema Ostéoporose, d'Informatiionscampagnen iwwert d'Glutenintoleranz an nach anerer. Fir Impfprogrammer, notament fir d'Hépatite B oder d'Méningite C, läit ee Crédit non limitatif vun iwwer 1,5 Milliounen Euro vir. Fir de Programm „lutte contre les drogues et le sida“ ass e Budget vu bal 400.000 Euro virgesinn. Heirënner falen de Methadonprogramm an den Austausch vu Spréizen. Ervir-

hiewe muss een hei de Kredit vu 4,7 Milliounen Euro fir den Traitement vun de Suchtkrankheeten an haaptsächlech eng Bedeelegung un de Fräen zu Gonschte vun deene Servicer, déi am Domän vun der Toxicomanie tätég sinn.

Insgesamt leien d'Kreditte fir d'Prise en charge vun Drogésüchtege bei iwwer 5 Milliounen Euro, wat enger Opbesserung vu 460% am Vergläich mam 1999er Budget entsprécht. Hei gesäit ee kloer den Ausdrock vun enger seriöser Drogopolitik, déi sech net op eng reng Repressioun beschränkt, mä wou vill Wäert op déi medezinesch Prise en charge geluecht gëtt. Déi ambulante Servicer am Beräich vun der Santé mentale, wéi d'Ligue d'hygiène mentale, de Réseau Psy - Psychesch Hëllef dobaussen oder therapeutesch Ateliere gi finanziell ënnestützt mat insgesamt 6,8 Milliounen Euro. Weider Kreditte fir Investissementen zu Gonschte vu Foyeren, Ateliere an aner therapeutesche Strukturen am Domän vun der Psychiatrie an der Toxicomanie stinn an deem Budget.

Här President, et ass erfreenlech a berouegend, datt trotz der ekonomeschen manner gudder Lag d'Regierung am Gesondheitssektor net gespuert huet, au contraire. Wéi schonns ufanks betount, bleift dës Regierung, ënnert dem Impuls vum Minister Carlo Wagner, hirer Ligne de conduite an der Gesondheitspolitik treu. Dëse Budget 2004 läit an der Kontinuitéit vun deene leschten an ass zukunftsorientéiert. E qualitativ héichwäerteg Gesondheitswiesen, dat ass d'Zil, datt eng seriö Gesondheitspolitik sech setze muss. Dëst Zil dierf awer keent à court oder moyen terme sinn, mä soll en dauerhaften Objektiv bleiwen. Eng modern Gesondheitspolitik entsprécht och enger globaler Approche, déi op eng Santé pour tous setzt. Dës Strategie vun der Santé pour tous gouf schon 1979 vun der OMS an d'Liewe geruff an ass nach ëmmer d'actualité. Op deser Strategie baséiert d'Promotion de la santé, déi der Santé-direktioun esou um Häerz läit. Et handelt sech hei ëm eng multidisziplinär Approche, wou vill op Éducation an Informatioun gesat gëtt. Dës multidisziplinär Approche, Här President, ass a mengen Aen en excellent Basiskonzept fir d'Zukunft. Och hei ass de Gesondheitsministère um richtege Wee.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Domadder wäer mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut de Moien ukomm. Déi nächst Sitzung ass haut de Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.21 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

d'Chamber
online op

www.chd.lu